# DE FUUSS

INFORMATIOUNEN AUS DER GEMENG WALDBËLLEG

3 | 2026

BULLETIN COMMUNAL





*Coverfoto & Foto: Olivier Glod*

# DËST STEET HEI DRAN

Virwuert 3

## D'GEMENG
### *LA COMMUNE*

Gemengerot 7
Conseil communal 14
Zivilstand // État civil 22
Mir gratuléieren! 22
Interview mam Luc Kirsch 24
Nationalfeierdag 2026 26

## SCHOUL & MAISON RELAIS
### *ÉCOLE & MAISON RELAIS*

Schoul 33
Maison relais 38
Schoulfest 40
Hoodie Fiesta 43
Den Ausbau vun der Michel Rodange Schoul zu Waldbëlleg 44

## VERÄINER
### *ASSOCIATIONS*

D'Veräiner am Interview: Steve Tholl 47
FC Olympia Chrëschtnech-Waldbëlleg 49
Regionale Jugendcamp aus der Regioun OST zu Waldbëlleg 50
D'Aeromodeliste vu Chrëstnech 53
News vum Turnveräin Ëmmer Fit Waldbëlleg 56
D'Waldbëlleger Musek 58

## KULTUR A GESCHICHT
### *CULTURE ET HISTOIRE*

Uergelfrënn Waldbëlleg 63
Ons Heemecht am Krich 2026 66
200. Gebuertsdag vum Michel Rodange 69

## LIEWEN AN DER GEMENG
### *VIE RURALE*

Insekteléierpad 71
Allerlee aus onser schéiner Gemeng 74
Apero-Wandertour iwwert den neie Geo-Pad „Insektewelten" 75
Musek a Bicher bréngen d'Leit zesummen 76

## KLIMAPAKT AN NATURPAKT
### *PACTE CLIMAT ET PACTE NATURE*

Nachhaltigkeit macht Schule 79
De Mëllerdalltrail 85

## WAT ASS LASS AN DER GEMENG?
### *QUE FAIRE DANS LA COMMUNE ?*

Agenda 87
Gemengerot 88
Bicherbus 88
Restauranten a Caféen 88

# VILL FREED BEIM LIESEN!
# *BONNE LECTURE !*


Rue André Hentges
Standort Bücherschrank
ELE 1 x DN 125
EP 1x DN 40
ELE 1 x DN 125
EP 1 x DN 125
ELE 1 x DN 125
EP 1 x DN 77/90
ELE 2 x DN 125
LOTTA Säule (1)
Trinkwasserspender
Holzbänke
Beet für Kletterpflanzen (s. Beispielfoto)
Bâtiment projeté
Bâtiment existant
E-Ladestation
EP 1x DN 32
EP 1 x DN 125
ELE 1 x DN 125
EP 1 x DN 77/90
Bâtiment projeté
ELE 1x DN 32
EP 1 x DN 125
ELE 1 x DN 32
ELE 4 x DN 125
EP 1 x DN 77/90
EP 1 x DN 40
Rigole
EP 1 x DN 125
ELE 1 x DN 32
ELE 3 x DN 125
EP 1x DN 77/90
EP 1 x DN 40
Poller
Weihnachtsbaumständer mit Elektroanschluss
EP 1x DN 77/90
ELE 1 x DN 125
Elektrische Infotafel, Bestand, umgesetzt
EP 1x DN 32
EP 1x DN 40
ELE 1 x DN 32
EP 1x DN 77/90
ELE 3 x DN 125
EP 1 x DN 77/90
Geländer
LOTTA Säule (3)
Rampe
Rue André Hentges
Rue de Christnach CR12
2a




WALDBËLLEG
COMMUNE DE WALDBILLIG

# VIRWUERT

## Léif Awunnerinnen an Awunner aus der Gemeng Waldbëlleg,

an der Hoffnung, dass dir eng erhuelsam Summervakanz erlieft hutt, si mir frou, Iech déi drëtt Ausgab vum Fuuss fir d'Joer 2026 ze presentéieren. Mir wëllen Iech en Iwwerbléck ginn iwwer eis Aarbechte vun de leschte Méint, an doriwwer, wat fir d'Zukunft geplangt gëtt.

D'Bannenaarbechte vum Ausbau vun der Gemeng zu Waldbëlleg si fäerdeg. An der Woch vum 12. Oktober 2026 plënnere mir mat der Administratioun nees zréck op Waldbëlleg.

D'Aarbechten un de Baussenanlage sinn Ufank September ugaangen. Nodeems de Chantier geraumt gouf, konnt déi nei Firma hir Aarbechten ophuelen. Fir d'Koordinatioun vum Projet fanne weiderhi reegelméisseg Chantiersreunioune statt. Bis elo goufen 127 Protokoller am Kader vun dëse Reuniounen erstallt.

D'Statue vum Michel Rodange an André Hentges goufen ofgebaut, fir sécher an eisem Depot versuergt ze ginn.

De Raider ass ofgebaut gi fir awer duerno nees op enger neier Platz opgeriicht ze ginn. Fir Iech weider kënnen ze informéieren fannt Dir wärend der Zäit vum Chantier e provisoresche Raider, dee beim Gelänner vun der Baach opgestallt gouf.



**Impressum**

Redaktioun vum FUUSS: Marc Barthelemy, Luc Friedrich, Yolande Kirsch, Corinne Meyers, Isabelle Oberlé
Korrekturen: Fiona Koster
Reegelméisseg Fotoen: Damaris Pletschette, Olivier Glod, Georges Koster
Hëllef op der Gemeng: Martine Dimmer, Joëlle Duschang, Andrée Henx-Greischer, Kim Ruppert, Filipe Soares

Grafesch Gestaltung: Susanne Hangarter
Drock: Imprimerie de l'Est, Iechternach
Responsabelen Éditeur: Gemeng Waldbëlleg

*Ënnerschriwwen Artikelen drécken d'Vué vun den Auteuren aus a ginn ënner hirer Responsabilitéit publizéiert.*
*Am FUUSS gëtt meeschtens net gegendert, mee de Generis masculinum geholl. Frae gi mat si/se bezeechent.*

***Adress vun der Gemeng:***
***1, rue André Hentges L-7680 Waldbillig***







De Schoulausbau ass fäerdeg. Déi offiziell Aweiung vun den neie Säll war de 6. Juli 2026. Eis Schoulkanner hu mat gesuergt de Programm vun däser Aweiung ze verschéineren. Vun der Rentrée am September u ginn déi nei Raimlechkeete genotzt.

Am Kader vun der Erneierung vun de Stroossen „Loetsch" zu Chrëschtnech a „rue de la Montagne" zu Waldbëlleg lafen déi technesch Virbereedungen. D'Analys vum Stroossebelag an de Kamerabefuerunge vum Kanal goufen duerchgefouert. Éischt Pläng a Variante leien eis vir. D'Ënnersichunge weisen, datt nieft dem Stroossebelag och Infrastrukturen am Ënnergrond mussen an d'Planung abezu ginn. Bei deenen zwou Stroosse geet et net nëmmen duer de Belag nei ze maachen. Op der Loetsch sinn zum Deel nëmme 25 cm Ënnerbau an den Zoustand vum Kanal ass schlecht, esou dass deen och muss komplett erneiert ginn. An der rue de la Montagne sinn nieft dem Kanal och Aarbechten un der Waasserleitung, déi 50 Joer huet, ze berécksiichtegen. Op Basis vun dësen Erkenntnisser ginn Detailpläng an e Cahier des Charges bis Enn des Joers ausgeschafft. Déi weider Planung, d'Prioriséierung an déi néideg Decisioune ginn an deenen nächste Schäffen- a Gemengeréit behandelt.

De 15. Juli hate mir den Audit vun eisem Klimapakt. Mir sinn houfreg Iech matzedeelen, dass eis Beméiungen am Kader vum Klimaschutz belount goufen an dass d'Gemeng Waldbëlleg de Gold Status kritt huet.

Fir de Bierger d'Méiglechkeet ze ginn sech un den Entscheedunge fir d'Sécherheet op eise Stroossen ze bedeelegen, hu mir en Opruff fir eng Verkéierskommissioun gemaach. Mir si frou, dass sech eng Partie Leit gemellt hunn, fir bei deem Theema matzeschaffen.

Zesumme mat de Gemenge Bäerdref a Beefort ass en Agent municipal agestallt ginn, fir e Service de Proximité opzebauen. Zu dësem Theema wäert geschwënn eng Informatiounsversammlung fir d'Bierger stattfannen.

D'Situatioun am Mëllerdall, besonnesch de Verkéier an d'Parkméiglechkeeten, bleiwen e Sujet dee regional Ofstëmmung verlaangt. D'MOPO vum PAG ( Demande de modification ponctuelle du plan d'aménagement ) ass an der Prozedur. Dës gesäit och d'Schafe vu Parkingen am Mëllerdall vir. Mam Transportministère hate mir Reunioune fir d'RGTR Buslinnen ze verbesseren, esou dass d'Touriste méi einfach an de Mëllerdall kënne kommen. Fir déi, déi awer wëlle mam Auto kommen, hu mir mat den Nopeschgemengen wëlles, en eenheetleche Bezuelsystem fir eis Regioun op de Parkingen anzeféieren.




E weidere Projet ass d'Paschtoueschhaus zu Chrëschtnech. Dëst Haus gouf als Monument National klasséiert, wat verschidden Oplage mat sech bréngt, awer och eng finanziell Ënnerstëtzung vum Stat bei de Renovéierungsaarbechten. Seng Lag am Kär vu Chrëschtnech, mat senger aler Bausubstanz, maachen et zu engem besonneschen an erhalenswäerten Objet. D'Analyse vum INPA si praktesch ofgeschloss. Am Laf vun der Zäit ass dëst Gebai e puermol ëmgebaut ginn. D'Gemeng ass zanter dem Joer 1848 a sengem Besëtz. Fréier war et e Bauerenhaff, deen der Famill Tonnar gehéiert huet. Elo ass virgesinn an dësem Haus neie Wunnraum ze schafen. Geplangt si véier Wunnunitéiten, dovunner eng Noutwunneng. Den Architekt huet eis e puer Variante vu Pläng ausgeschafft. Elo steet déi definitiv Planung un. Mat der Realisatioun vun dësem wichtege Projet gëtt an eiser Gemeng erschwéngleche Wunnraum ugebueden. All déi Viranalysen, Ofstëmmungen a Planungen erfuederen Zäit. Se sollen eng gutt fundéiert Entscheedungsgrondlag fir déi nächst Schrëtt schafen, och wann een dofir Gedold muss hunn.

E grousse MERCI geet un all eis Mataarbechterinnen a Mataarbechter aus deene verschiddene Gemengeservicer. Si sinn d'Fundament vun eisem Alldag.

E ganz besonnesche MERCI riichte mir awer och un d'Ekipp vun der Fuuss Redaktioun, déi eng wäertvoll Aarbecht fir eis Gemeng leescht.

Mir wënschen Iech e schéinen Hierscht a vill Freed beim Liese vum drëtte Fuuss fir d'Joer 2026!

*Äre Schäfferot*

**D’GEMENG // *LA COMMUNE***




*Foto: Damaris*

# GEMENGEROT

Vun de Sëtzungen am Gemengerot ginn am FUUSS d'Decisioune publizéiert, déi de Gemengerot geholl huet.

D'Audioopname vun den Debatte ginn als Audiodatei um Internetsite ***www.waldbillig.lu*** fir sechs Méint gespäichert, an der Rubrik ***Quotidien*** mam Titel ***Séance du conseil communal***.

*Fotoen: Olivier Glod*

---

# GEMENGEROTSSËTZUNG 2026/3

**Sëtzung vum Mëttwoch, 03.06.2026**

Et waren do :

// HENX-GREISCHER Andrée, Buergermeeschtesch,
// MEYERS Corinne,
// TOBES Romain, Schäffen,
// BERENS Christian,
// BOONEN Serge,
// GOEDERT Jeannot,
// KIRSCH Yolande,
// MICHELS Mike, Conseilleren,
// DIMMER Martine, Sekretärin.

Entschëllegt:

// BENDER Maxime,
// MICHELS Mike, Conseilleren.

**Dagesuerdnung :**

**Net ëffentlech Sëtzung**

2026-03-01 Organisatioun vum Enseignement Fondamental, Schouljoer 2026/2027: Lëscht 1, Propositioun fir d'Affektatioun an d'Reaffektatioun vu Kandidaten op fräi Plaze fir Enseignanten an der Grondschoul;

**Ëffentlech Sëtzung**

2026-03-02 Provisoresch Schoulorganisatioun fir d'Schouljoer 2026/2027;
2026-03-03 Encadrementsplang fir d'Betreiung nom Unterrecht 2026/2027;
2026-03-04 Avis iwwert d'Nominatioun vum Preposé vun der Naturverwaltung Triage Konsdref;
2026-03-05 Gemengereglement iwwert d'Aféiere vun enger spezifescher Tax fir eidel stoend Wunnengen – Ännerung vum 1. Artikel;
2026-03-06 Schafung vun zwee Busbegleederposte fir de Schoultransport ;
2026-03-07 Reglement iwwert de Schoultransport vun der Gemeng Waldbëlleg;
2026-03-08 Approbatioun vun engem Vertrag fir d'Deele vu Stroum an enger Gemeinschaft vun erneierbarer Energie;
2026-03-09 Approbatioun vun der Konventioun mat der Stad Iechternach betreffend d'finanziell Bedeelegung un der Iechternacher Museksschoul;
2026-03-10 Approbatioun vun der Konventioun mam gemeinsamen Office Social an der Fiels;
2026-03-11 Approbatioun vun der Konventioun mat der A.s.b.l. NOJU Nordstadjugend;
2026-03-12 Kënnegung vun de Konventiounen iwwert d'gratis Bereetstelle vu Flächen am Kader vun der Fotovoltaikanlag Installatioun vum Joer 2004;
2026-03-13 Approbatioun vun engem Verkafsakt;
2026-03-14 Approbatioun vun engem Mietvertrag;
2026-03-15 Ufro fir e Morcellement vun enger Parzell zu Chrëschtnech;
2026-03-16 Gebrauch vum Virkafsrecht fir de Kaf vu Parzellen zu Haler;
2026-03-17 Budgetsännerungen;
2026-03-18 Demande fir en extraordinäre Subsid vu Quadriga Lëtzebuerg;
2026-03-19 Demande fir en extraordinäre Subsid vun der A.s.b.l. d'Fiisschercher;
2026-03-20 Subsid Ufroen;
2026-03-21 Verschiddenes;

Geméiss dem Artikel 13 vum geännerte Gesetz vum 13. Dezember 1988, huet de Conseiller Maxime Bender d'Madamm Buergermeeschter schrëftlech gefrot fir follgend Punkten op d'Dagesuerdnung ze setzen :

2026-03-22 Evaluatioun vun der Plattform Hoplr;
2026-03-23 Froe vum Gemengerot un de Schäfferot.





**De Gemengerot :**

1. proposéiert eestëmmeg fir d'Schouljoer 26-27 am Enseignement Fondamental vun der Gemeng Waldbëlleg follgend Affektatiounen:

   a. Siebenaler Nathalie als Enseignante am Cycle 2-4 op eng fest Plaz mat enger ganzer Tâche;

   b. Morim Machado Sara als Enseignante am Cycle 2-4 op eng Plaz fir d'Schouljoer 26/27 mat enger ganzer Tâche;

   c. Lopes Claudia als Enseignante am Cycle 2-4 fir d'Schouljoer 26/27 mat enger hallwer Tâche;

2. entscheet eestëmmeg d'Organisatioun vum Enseignement Fondamental fir d'Joer 2026/2027 op den nächste Gemengerot ze reportéieren;

3. entscheet eenheetlech den ausserschouleschen Encadrementsplang (PEP) 2026/2027 unzehuelen;

4. entscheet eenheetlech e positiven Avis ze ginn zur Nominatioun vum Här Josh Gerekens als Preposé vun der Naturverwaltung vum Triage vu Konsdref;

5. entscheet eestëmmeg d'Gemengereglement iwwert d'Aféiere vun enger spezifescher Tax fir eidel stoend Wunnengen unzehuelen, an deem zeréckbehale gëtt, dass dës Tax sech op Wunnenge bezitt, déi 18 Méint laang hannerteneen eidel stinn;

6. entscheet mat sechs Stëmme géint eng Stëmm (de Conseiller Goedert) fir d'Kreatioun vun zwee Busbegleederposte ënnert dem Regime vum Salarié, Loungrupp A, fir eng begrenzten Dauer vum 15. September 2026 bis de 15. Juli 2027, fir 16 Stonnen d'Woch;

7. entscheet eestëmmeg d´Reglement iwwert de Schoultransport vun der Gemeng Waldbëlleg unzehuelen;

8. entscheet sech eestëmmeg fir de Vertrag fir d'Deele vu Stroum an enger Gemeinschaft vun erneierbarer Energie;

9. entscheet eestëmmeg d'Konventioun mat der Stad Iechternach betreffend d'finanziell Bedeelegung un der Iechternacher Museksschoul ze approuvéieren;

10. entscheet eestëmmeg d'Konventioun mam gemeinsamen Office Social an der Fiels ze approuvéieren;

11. entscheet eestëmmeg d'Konventioun mam Bedreiwer vun der NOJU Nordstadjugend A.s.b.l. ze approuvéieren;

12. entscheet eestëmmeg d'Kënnegung vun de Konventiounen iwwert d'gratis Bereetstelle vu Flächen am Kader vun der Fotovoltaikanlag Installatioun vun 2004 unzehuelen, mat der Waldbillig-Solar 1 s.c. an der Waldbillig-Solar 2 s.c.;

**13.** entscheet eestëmmeg säin Accord ze gi fir de Verkafsakt betreffend d'Parzellennummeren 372/2124 mat 9,80 Ar, 392/2126 mat 25,80 Ar, 392/2127 mat 23,00 Ar, op deene Moossname solle realiséiert ginn, déi d'Auswierkung vun den Iwwerschwemmungen kéinte reduzéieren;

**14.** beschléisst eestëmmeg säin Accord ze gi betreffend de Mietvertrag fir d'Haus 2A, rue des Rochers, L-6245 Mullerthal;

**15.** bewëllegt eestëmmeg de Morcellementsprojet vun engem Terrain, ageschriwwen am Kadaster ënnert der Nummer 64/4655, Sektioun C vu Chrëschtnech an dräi Parzellen;

**16.** entscheet eestëmmeg säi Virkafsrecht net geltend ze maache betreffend d'Parzellen an der Gemeng Waldbëlleg, Sektioun A vun Haler, um Uert " rue des Romains ", ageschriwwen am Kadaster ënnert den Nummeren 333/2342 mat 4 Ar a 99 Zentiar, 333/2392 mat 1 Ar a 44 Zentiar an 333/2395 mat 33 Zentiar;

**17.** entscheet eestëmmeg déi vum Schäfferot proposéiert Budgetsännerungen ze approuvéieren;

**18.** entscheet eestëmmeg en extraordinäre Subsid ze accordéieren fir d'QUADRIGA Lëtzebuerg an Héicht vun 1.000,00 € a sech un deene selwechte Käschten ewéi d'Ärenzdallgemeng ze bedeelegen, am Kader vun der Organisatioun vum 10. an 11. Juli 2026 vun der Manifestatioun " Ons Hemecht am Krich – '44/'45 ";

**19.** entscheet eestëmmeg der Fiissercher A.s.b.l keen extraordinäre Subsid ze accordéieren fir hir Marche Gourmande;

**20.** accordéiert eestëmmeg follgende Vereenegungen e Subsid an Héicht vu 75 € ze ginn:

- Natur&Ëmwelt
- Sécurité Routière Luxembourg
- Action pour un Monde Uni
- PADEM
- Lux-Lagos asbl
- AMICALE du GROUPE CYNOTECHNIQUE
- Noël de la Rue a.s.b.l.
- El Salvador – Luxembourg

**21.** entscheet eestëmmeg d'Bewäertung vun der Plattform Hoplr op den nächste Gemengerot ze reportéieren, opgrond vun der entschëllegter Absence vum Conseiller Maxime Bender;

**22.** entscheet eestëmmeg de betreffende Punkt aus där selwechter Ursaach op den nächste Gemengerot ze reportéieren.





# GEMENGEROTSSËTZUNG 2026/4

**Sëtzung vum Mëttwoch 24.06.2026**

Et waren do:

// HENX-GREISCHER Andrée, Buergermeeschtesch,
// TOBES Romain, Schäffen,
// BENDER Maxime,
// BERENS Christian,
// BOONEN Serge,
// GOEDERT Jeannot,
// KIRSCH Yolande,
// MICHELS Mike, Conseilleren,
// DIMMER Martine, Sekretärin.

Entschëllegt:

// MEYERS Corinne, Schäffin,
huet dem Conseiller BERENS Christian eng Procuratioun ginn, fir an hirem Numm ofzestëmmen.



**Dagesuerdnung :**

**Séance publique**

2026-04-01 Provisoresch Schoulorganisatioun fir d'Schouljoer 2026/2027;
2026-04-02 Restantenetat vum Exercice 2025;
2026-04-03 Decisioun iwwert d'Applizéiere vum Kollektivvertrag fir d'Staatssalariéë vum 19. Mäerz 2026 bei de Salariéë vun der Waldbëlleger Gemeng;
2026-04-04 Upasse vun de Subventioune vun der Gemeng fir déi rationell Notzung vun der Energie an d'Färderung vun erneierbaren Energien am Logementsberäich;
2026-04-05 Approbatioun vun der Konventioun mat der Associatioun Aide aux Enfants Handicapés et Défavorisés de Luxembourg asbl;
2026-04-06 Gebrauch vum Virkafsrecht op enger Parzell zu Haler;
2026-04-07 Joresprogramm 2027 vun den Aarbechten am Interessi vun de Feldweeër;
2026-04-08 Avis iwwert d'Kreatioun vun enger Verkéierskommissioun;
2026-04-09 Festleeë vun enger Indemnitéit fir verdéngschtvoll Sportler;

2026-04-10 Subsid Ufroen;
2026-04-11 Verschiddenes;

Geméiss dem Artikel 13 vum ofgeännerte Gemengegesetz vum 13. Dezember 1988, huet de Conseiller Maxime Bender d'Madamm Buergermeeschter schrëftlech gefrot fir follgend Punkten op d'Dagesuerdnung ze setzen :

2026-04-12 Bewäertung vun der Plattform Hoplr;
2026-04-13 Froe vum Gemengerot un de Schäfferot.

**De Gemengerot:**

1. hält mat der Majoritéit vun de Stëmmen déi provisoresch Schoulorganisatioun fir d'Schouljoer 2026/2027 fest;

2. entscheet eestëmmeg de Restantenetat an Héicht vu 24.971,73 € fir déi provisoresch Reprisen ze approuvéieren an de Betrag vun 251,20 € ze hannerloossen;

a. entscheet dem Schäfferot säin Accord ze gi fir d'Debiteuren unzesichen;

**3.** entscheet eestëmmeg de Kollektivvertrag fir d'Staats-salariéë vum 19. Mäerz 2026, geneemegt duerch den Arrêté vum Regierungsrot vum 20. Mäerz 2026, bei de Salariéë vun der Waldbëlleger Gemeng ze applizéieren, mat der Ausnam vun de Bestëmmunge vum Artikel 33;

**4.** entscheet eestëmmeg eng Upassung vun de Gemengesubventiounen fir déi rationell Notzung vun der Energie an d'Férderung vun erneierbaren Energien am Logementsberäich;

**5.** entscheet sech eestëmmeg fir d'Konventioun mat der Associatioun Aide aux Enfants Handicapés et Défavorisés de Luxembourg asbl;

**6.** entscheet eestëmmeg, säi Virkafsrecht net geltend ze maachen op der Parzell geleeën an der Gemeng Waldbëlleg, Sektioun A vun Haler, um Uert " auf de Haenericht", ageschriwwen am Kadaster ënnert der Nummer 385/1802 mat enger Fläch vu 14 Ar 89 Zentiar;

**7.** entscheet eestëmmeg d'Festhale vum Programm fir d'Joer 2027 betreffend d'Aarbechten un de Feldweeër wéi hei drënner opgeléscht :

| **Lokalitéit** | **Sektioun** | **Uert** | **Aarbechten** | **Längt** |
|---|---|---|---|---|
| Chrëschtnech | C | Bourwies | Astand setzen | +/- 100m |
| Waldbëlleg | B | In Waesseler | Erneieren | +/- 300m |
| Waldbëlleg | B | Auf dem Bongert | Astand setzen | +/- 100m |
| Waldbëlleg | B | Peschhoecht | Astand setzen | +/- 100m |

**8.** entscheet eestëmmeg :

- d'Kreatioun vun enger Verkéierskommissioun bestoend aus 6 Memberen a Memberen aus dem Gemengerot;
- en Opruff fir d'Kandidature fir déi betreffend Kommissioun ze lancéieren;

**9.** entscheet sech eestëmmeg fir d'Festleeë vum Tarif fir 2026 betreffend d'Indemnitéit fir verdéngschtvoll Sportler wéi follegt:

- 100 € fir individuell Sportler
- 500 € fir all Sportsekipp



**10.** accordéiert eestëmmeg e Subsid an Héicht vu 75€ fir déi follgend Vereenegungen:

- Ambulanz Wonsch
- Rokku Mi Rokka a.s.b.l.
- Parkinson Luxembourg a.s.b.l.
- Fondation EME
- Wonschkutsch a.s.b.l.

**11.** Verschiddenes;

**12.** entscheet eestëmmeg de Schäfferot ze chargéieren sech bei den Experte vun Hoplr ze ëmfroen, iwwer d'Organiséiere vun enger Presentatioun vun hirer Plattform.



# GEMENGEROTSSËTZUNG 2026/5

**Sëtzung vum Dënschdeg 28.07.2026**

Et waren do:

// HENX-GREISCHER Andrée, Buergermeeschtesch,
// MEYERS Corinne,
// TOBES Romain, Schäffen,
// BENDER Maxime,
// BERENS Christian,
// BOONEN Serge,
// GOEDERT Jeannot,
// KIRSCH Yolande,
// MICHELS Mike, Conseilleren,
// DIMMER Martine, Sekretärin.

Entschëllegt:
// BENDER Maxime, Conseiller,
huet dem Conseiller MICHELS Mike eng Procuratioun ginn, fir a sengem Numm ofzestëmmen.

**Dagesuerdnung :**

**Ëffentlech Sëtzung**

| | |
|---|---|
| 2026-05-01 | Geneemegung vun de punktuellen Ännerunge vum PAG vun der Gemeng Waldbëlleg; |
| 2026-05-02 | Geneemegung vun de punktuellen Ännerunge vum PAP "Quartier existant" vun der Gemeng Waldbëlleg |
| 2026-05-03 | Ausübe vum Virkafsrecht fir eng Parzell geleeën zu Waldbëlleg an eng Parzell geleeën zu Haler; |
| 2026-05-04 | Konventioun 2026 mam Club Activ Plus an der Loupescht; |
| 2026-05-05 | Geneemegung vun engem Verkafsakt; |
| 2026-05-06 | Aféierung vun enger Taxe fir den Uschloss un den ëffentleche Reseau vum Drénkwaasser an un den ëffentleche Reseau vum Ofwaasser; |
| 2026-05-07 | Festleeë vum Multiplikatiounsfacteur fir d'Grondsteier vun 2027; |
| 2026-05-08 | Festleeë vum Multiplikatiounsfacteur fir den Impôt Commercial vun 2027; |
| 2026-05-09 | Informatioun iwwer de Méijoresfinanzplang vun der Gemeng 2027-2031; |
| 2026-05-10 | Subsid Ufroen; |
| 2026-05-11 | Verschiddenes; |

**De Gemengerot:**

**1.** de Conseiller MICHELS hëlt un der Deliberatioun iwwer d'Geneemegung vun de punktuellen Ännerungen net deel fir de Conseiller BENDER a stëmmt och net fir dësen of bei dësem Punkt, well hie selwer net drun deelhëlt geméiss dem Artikel 20 vum Gemengegesetz;

geneemegt eestëmmeg:

- de reglementareschen Deel (schrëftlechen a grafeschen Deel);
- de Projet vun de punktuellen Ännerunge vum allgemenge Bebauungsplang (PAG) vun der Gemeng Waldbëlleg betreffend Grondstécker geleeën zu Chrëschtnech, Haler, Méllerdall a Waldbëlleg ënner deelweiser Berécksiichtegung vun den Avise vun der Kommissioun vum Amenagement am Inneministère, den Avise vum Environnement geméiss dem Gesetz vum Naturschutz an der Bewäertung vun den Inzidenzen op verschiddene Pläng a Programmer

iwwer d'Ëmwelt a Bezuch op d'Auswierkungen op d'Ëmwelt, an ënner Berécksiichtegung vun der Reklamatioun déi deelweis vum Gemengerot zréckbehale gouf.

**2.** de Conseiller MICHELS hëlt un däser Deliberatioun iwwer de Projet vun de punktuellen Ännerungen vum Deelbebauungsplang "bestoende Quartier" net deel fir de Conseiller BENDER a stëmmt och net fir hien of bei dësem Punkt, well hie selwer net drun deelhëlt geméiss dem Artikel 20 vum Gemengegesetz;

geneemegt eestëmmeg de Projet vun de punktuellen Ännerungen vum Deelbebauungsplang "bestoende Quartier" (PAP QE) geméiss den Avise vun der Kommissioun vum Amenagement aus dem Inneministère;

**3.**

a. decidéiert mat aacht Stëmmen an enger Enthalung (de Conseiller Michels) d'Virkafsrecht geltend ze maachen fir d'Parzell geleeën an der Gemeng Waldbëlleg, Sektioun B vu Waldbëlleg, am Kadaster agedroen ënnert der Nummer 558/3536, mat enger Fläch vu 4 Ar 70 Zentiar, mam Zil den Terrain vun der Spillschoul ze vergréisseren;

b. entscheet eestëmmeg d'Virkafsrecht net geltend ze maache fir eng Parzell geleeën an der Gemeng Waldbëlleg, Sektioun A vun Haler, Uert " Hinter den Hagen", am Kadaster agedroen ënnert der Nummer 887/1896, mat enger Fläch vun 22 Ar a 60 Zentiar;

**4.** entscheet eestëmmeg d'Konventioun vun 2026 mam Club Aktiv Plus an der Loupescht ze approuvéieren;

**5.** de Conseiller MICHELS hëlt weder un der Deliberatioun nach um Vott vun dësem Punkt deel geméiss dem Artikel 20 vum Gemengegesetz;

entscheet eestëmmeg säin Accord ze gi fir de Verkafsakt vun enger Plaz geleeën an der Gemeng Waldbëlleg, Sektioun A vun Haler, agedroen am Kadaster ënnert der Nummer 337/2427, mat enger Fläch vu 5 Zentiar;

**6.** entscheet eestëmmeg d'Taxreglement ze geneemege fir den Uschloss un den ëffentlechen Drénkwasserreseau an un den ëffentlechen Ofwaasserreseau;

**7.** entscheet eestëmmeg fir d'Steierjoer 2027

- een eenzegen a selwechte Multiplikatiounsfacteur vun 300 % op der Grondsteier B festzeleeën fir déi verschidde Kategorië vu Gebailechkeeten;

- d'Grondsteier A op 300% festzeleeën;

**8.** entscheet eestëmmeg fir d'Steierjoer 2027 de Multiplikatiounsfacteur vum Impôt Commercial an der Gemeng Waldbëlleg op 250% festzeleeën;

**9.** de Schäfferot presentéiert de Gemengerotsmemberen de Finanzplang vun der Gemeng iwwert déi nächst Joren, vun 2027-2031;

**10.** follgende Vereenegungen ass e Subsid an Héicht vu 75 € zougesprach ginn:

- Action Solidarité Tiers Monde a.s.b.l.;
- Association nationale des Victimes de la Route a.s.b.l.;
- ONGD-FNEL scouts et guides pour le développement communautaire a.s.b.l.;
- Fondatioun « Lëtzebuerger Guiden a Scouten » am Déngscht vun de Jonken





# CONSEIL COMMUNAL

Les décisions du conseil communal, sont publiées au bulletin communal FUUSS. Il n'existe pas de rapport intégral des discussions.

Les débats sont enregistrés et publiés comme fichier audio sur le site ***www.waldbillig.lu*** pendant six mois, sous la rubrique ***Quotidien*** avec l'intitulé ***Séance du conseil communal***.

## RÉUNION DU CONSEIL COMMUNAL 2026/3

**Séance du mercredi 03.06.2026**

Présents :

// HENX-GREISCHER Andrée, bourgmestre,
// MEYERS Corinne,
// TOBES Romain, échevins,
// BERENS Christian,
// BOONEN Serge,
// GOEDERT Jeannot,
// KIRSCH Yolande,
// MICHELS Mike, conseillers,
// DIMMER Martine, secrétaire.

Absents/Excusés :

// BENDER Maxime,
// MICHELS Mike, conseillers.

Le conseiller BENDER Maxime donne procuration à l'échevin TOBES Romain pour voter en son nom.

**ORDRE DU JOUR**

| | |
|---|---|
| | **Séance à huis clos** |
| 2025-03-01 | Organisation de l'enseignement fondamental, année scolaire 2026/2027 : liste 1, proposition d'affectation et de réaffectation des candidat(e)s aux postes vacants d'instituteurs/trices de l'enseignement fondamental ; |
| | **Séance publique** |
| 2026-03-02 | Organisation scolaire provisoire de l'année scolaire 2026/2027 ; |
| 2026-03-03 | Plan d'encadrement périscolaire (PEP) ; |
| 2026-03-04 | Avis sur la nomination du préposé de la nature et des forêts du triage de Consdorf ; |
| 2026-03-05 | Règlement communal portant introduction d'une taxe spécifique |

| | |
|---|---|
| | pour les habitations non-occupées – amendement de l'article 1 ; |
| 2026-03-06 | Création de deux postes d'accompagnateurs de bus pour le transport scolaire ; |
| 2026-03-07 | Règlement sur le transport scolaire de la commune de Waldbillig ; |
| 2026-03-08 | Approbation d'un contrat de partage d'électricité en communauté d'énergie renouvelable ; |
| 2026-03-09 | Approbation de la convention avec la Ville d'Echternach relative à la participation financière à l'École régionale de musique ; |
| 2026-03-10 | Approbation de la convention avec l'Office social commun Larochette ; |
| 2026-03-11 | Approbation de la convention avec l'a.s.b.l. NOJU Nordstadjugend ; |
| 2026-03-12 | Résiliation des conventions relatives à la mise à disposition gratuite de lieux et surfaces dans le cadre de l'installation d'une centrale photovoltaïque conclue en 2004 ; |
| 2026-03-13 | Approbation d'un acte de vente ; |
| 2026-03-14 | Approbation d'un contrat de bail ; |
| 2026-03-15 | Demande de morcellement d'un terrain sis à Christnach ; |
| 2026-03-16 | Exercice du droit de préemption pour des parcelles sises à Haller ; |
| 2026-03-17 | Modifications budgétaires ; |
| 2026-03-18 | Demande de subside extraordinaire de Quadriga Luxembourg; |
| 2026-03-19 | Demande de subside extraordinaire de l'asbl d'Fiissercher ; |
| 2026-03-20 | Demandes de subside ; |
| 2026-03-21 | Divers ; |

Conformément à l'article 13 de la loi modifiée du 13 décembre 1988, le conseiller Maxime Bender a demandé par écrit à Madame la bourgmestre d'ajouter les points suivants à l'ordre du jour :

| | |
|---|---|
| 2026-03-22 | Évaluation de la plateforme Hoplr ; |
| 2026-03-23 | Questions du conseil communal au collège des bourgmestre et échevins. |

**Le Conseil communal :**

1. propose unanimement d'affecter pour l'année scolaire 26-27, dans l'enseignement fondamental de la commune de Waldbillig :

   a. Siebenaler Nathalie comme institutrice à un poste fixe à temps plein dans le cycle 2-4,

   b. Morim Machado Sara comme institutrice à un poste à temps plein pour l'année scolaire 26/27 dans le cycle 2-4 ;

   c. Lopes Claudia comme institutrice à un poste à mi-temps pour l'année scolaire 26/27 dans le cycle 2-4 ;

2. décide unanimement de reporter l'organisation de l'enseignement fondamental pour l'année scolaire 2026/2027 sur l'ordre du jour de la prochaine réunion du Conseil communal ;

3. décide à l'unanimité d'adopter le plan d'encadrement périscolaire (PEP) 2026/2027 ;

4. décide unanimement de donner un avis positif à la proposition de nomination de Monsieur Josh GEREKENS au poste de préposé du triage de Consdorf ;

5. décide unanimement d'approuver le règlement communal portant introduction d'une taxe spécifique pour les habitations non-occupées en retenant que la taxe s'applique aux logements non occupés depuis 18 mois consécutifs ;

6. décide avec six voix contre une voix (le conseiller Goedert) de créer deux postes d'accompagnateurs de bus sous le régime du salarié, groupe de salaire A, pour une durée déterminée allant du 15 septembre 2026 au 15 juillet 2027, à raison de 16 heures par semaine ;

7. décide unanimement d'arrêter le règlement sur le transport scolaire de la commune de Waldbillig ;

8. décide unanimement d'approuver le contrat de partage d'électricité en communauté d'énergie renouvelable ;

9. décide unanimement d'approuver la convention relative à la participation financière des communes partenaires à l'Ecole Régionale de Musique de la ville d'Echternach ;

10. décide unanimement d'approuver la convention 2026 avec l'Office Social commun de Larochette ;

**11.** décide unanimement d'approuver la convention 2026 avec l'organisme gestionnaire NOJU Nordstadjugend a.s.b.l. ;

**12.** décide unanimement de marquer son accord à la résiliation des conventions relatives à la mise à disposition gratuite de lieux et surfaces dans le cadre de l'installation d'une centrale photovoltaïque conclues en 2004, Waldbillig-Solar 1 s.c. et Waldbillig-Solar 2 s.c. ;

**13.** décide à l'unanimité de marquer son accord à l'acte de vente concernant les parcelles numéro 372/2124 contenant 9,80 ares, numéro 392/2126 contenant 25,80 ares, numéro 392/2127 contenant 23,00 ares afin d'y faire réaliser des mesures locales servant à réduire les effets d'inondations ;

**14.** marque unanimement son accord au contrat de bail concernant la maison sise à 2A, rue des Rochers, L-6245 Mullerthal ;

**15.** décide unanimement de marquer son accord au projet de morcellement du terrain inscrit au cadastre sous le numéro 64/4655, section C de Christnach en trois parcelles ;

**16.** décide avec toutes les voix de ne pas faire valoir son droit de préemption concernant les parcelles sises dans la commune de Waldbillig, section A de Haller, lieu-dit « rue des Romains », inscrites au cadastre sous le numéro 333/2342 d'une contenance de 4 ares 99 ca, le numéro 333/2392 d'une contenance de 1 are 44 centiares et le numéro 333/2395 d'une contenance de 33 ca ;

**17.** décide unanimement d'approuver les modifications budgétaires proposées par le collège échevinal ;

**18.** décide unanimement d'accorder un subside extraordinaire au montant de 1.000,00€ et de participer aux mêmes frais que la commune de la Vallée de l'Ernz à QUADRIGA Luxembourg dans le cadre de l'organisation de la manifestation « Ons Heemecht am Krich – '44/'45 », organisée les 10 et 11 juillet 2026 à Savelborn ;

**19.** décide unanimement de ne pas accorder de subside extraordinaire à l'a.s.b.l. d'Fiissercher pour sa marche gourmande ;

**20.** décide unanimement d'accorder un subside au montant de 75,00€ aux associations susnommées :

- Natur&Ëmwelt
- Sécurité Routière Luxembourg
- Action pour un Monde Uni
- PADEM
- Lux-Lagos a.s.b.l.
- AMICALE du GROUPE CYNOTECHNIQUE
- Noël de la Rue a.s.b.l.
- El Salvador – Luxembourg

**21.** décide unanimement de reporter l'évaluation de la plateforme Hoplr à la prochaine réunion du Conseil Communal, à la suite de l'absence excusée du conseiller Maxime Bender ;

**22.** décide unanimement de reporter pour la même raison le point en question à la prochaine réunion du Conseil Communal.



# RÉUNION DU CONSEIL COMMUNAL 2026/4

**Séance du mercredi 24.06.2026**

Présents:

// HENX-GREISCHER Andrée, bourgmestre,
// TOBES Romain, échevin,
// BENDER Maxime,
// BERENS Christian,
// BOONEN Serge,
// GOEDERT Jeannot,
// KIRSCH Yolande,
// MICHELS Mike, conseillers,
// DIMMER Martine, secrétaire.

Absent/Excusé :

// MEYERS Corinne, échevine,
a donné procuration à BERENS Christian pour délibérer et voter en son nom.

**ORDRE DU JOUR**

**Séance publique**

| | |
|---|---|
| 2026-04-01 | Organisation scolaire provisoire de l'année scolaire 2026/2027 ; |
| 2026-04-02 | État des restants de l'exercice 2025; |
| 2026-04-03 | Décision sur l'application de la convention collective des salariés de l'État du 19 mars 2026 aux salariés de la commune de Waldbillig ; |
| 2026-04-04 | Adaptation des subventions communales pour l'utilisation rationnelle de l'énergie et la mise en valeur des énergies renouvelables dans le domaine du logement ; |
| 2026-04-05 | Approbation de la Convention de partenariat avec l'association Aide aux Enfants Handicapés et Défavorisés de Luxembourg asbl ; |
| 2026-04-06 | Exercice du droit de préemption pour une parcelle sise à Haller ; |
| 2026-04-07 | Programme annuel 2027 des travaux à effectuer dans l'intérêt de la voirie rurale ; |
| 2026-04-08 | Avis sur la création d'une commission de circulation ; |
| 2026-04-09 | Fixation de l'indemnité à verser aux sportifs méritants ; |
| 2026-04-10 | Demandes de subside ; |
| 2026-04-11 | Divers; |

Conformément à l'article 13 de la loi modifiée du 13 décembre 1988, le conseiller Maxime Bender a demandé par écrit à Madame la bourgmestre d'ajouter les points suivants à l'ordre du jour :

| | |
|---|---|
| 2026-04-12 | Évaluation de la plateforme Hoplr ; |
| 2026-04-13 | Questions du conseil communal au collège des bourgmestre et échevins. |

**Le conseil communal :**

**1.** arrête à la majorité des membres présents l'organisation de l'enseignement fondamental pour l'année scolaire 2026/2027 ;

**2.**

a. décide à l'unanimité des voix d'approuver l'état des restants en admettant le montant de 24.971,73 EUR en reprises provisoires et le montant de 251,20 EUR en décharge ;

b. d'accorder au collège des bourgmestre et échevins l'autorisation de poursuivre en justice les débiteurs ;

**3.** décide à l'unanimité des voix d'appliquer aux salariés de la commune de Waldbillig la Convention collective des salariés de l'État du 19 mars 2026, approuvée par arrêté du Gouvernement en Conseil du 20 mars 2026, à l'exception des dispositions de l'article 33 ;

**4.** décide unanimement d'adapter le règlement communal concernant les subventions communales pour l'utilisation rationnelle de l'énergie et la mise en valeur des énergies renouvelables dans le domaine du logement ;

**5.** décide à l'unanimité des voix d'approuver la convention de partenariat avec l'association Aide aux Enfants Handicapés et Défavorisés de Luxembourg asbl ;

**6.** décide avec toutes les voix de ne pas faire valoir son droit de préemption concernant la parcelle sise dans la commune de Waldbillig, section A de Haller, lieu-dit « auf de Haenericht », inscrite au cadastre sous le

numéro 385/1802 d'une contenance de 14 ares 89 ca ;

**7.** décide à l'unanimité des voix d'arrêter le programme annuel 2027 des travaux à effectuer dans l'intérêt de la voirie rurale comme suit :

| Localité | Section | Lieu-dit | Nature des travaux | Longueur |
|---|---|---|---|---|
| Christnach | C | Bourwies | Mise en état | +/- 100m |
| Waldbillig | B | In Waesseler | Réfection | +/- 300m |
| Waldbillig | B | Auf dem Bongert | Mise en état | +/- 100m |
| Waldbillig | B | Peschhoecht | Mise en état | +/- 100m |

**8.** décide à l'unanimité des voix :

- de créer une commission consultative de la circulation se composant de 6 membres et de membres du Conseil communal ;
- de lancer un appel de candidatures pour la commission en question ;

**9.** décide à l'unanimité des voix de fixer pour 2026 le tarif à accorder aux sportifs méritants comme suit :

- 100 € pour les sportifs individuels
- 500 € pour chaque équipe sportive

**10.** décide unanimement d'accorder un subside au montant de 75,00€ aux associations susnommées :

- Ambulanz Wonsch
- Rokku Mi Rokka a.s.b.l.
- Parkinson Luxembourg a.s.b.l.
- Fondation EME
- Wonschkutsch a.s.b.l.

**11.** Divers ;

**12.** décide unanimement de demander au collège des bourgmestre et échevins de se renseigner auprès des experts de Hoplr sur ce réseau social et d'organiser une présentation de la plateforme avec eux.

# RÉUNION DU CONSEIL COMMUNAL 2026/5

**Séance du mardi 28.07.2026**

Présents :

// HENX-GREISCHER Andrée, bourgmestre,
// MEYERS Corinne,
// TOBES Romain, échevins,
// BERENS Christian,
// BOONEN Serge,
// GOEDERT Jeannot,
// KIRSCH Yolande,
// MICHELS Mike, conseillers,
// DIMMER Martine, secrétaire.

Absent/Excusé :

// BENDER Maxime, conseiller,
qui a donné procuration à MICHELS Mike pour délibérer et voter en son nom.

**ORDRE DU JOUR**

**Séance publique**

| | |
|---|---|
| 2026-05-01 | Approbation des modifications ponctuelles du PAG de la Commune de Waldbillig ; |
| 2026-05-02 | Approbation des modifications ponctuelles du PAP « quartier existant » de la Commune de Waldbillig ; |
| 2026-05-03 | Exercice du droit de préemption pour une parcelle sise à Waldbillig et une parcelle sise à Haller ; |
| 2026-05-04 | Convention 2026 relative au Club Aktiv Plus an der Loupescht ; |
| 2026-05-05 | Approbation d'un acte de vente ; |
| 2026-05-06 | Introduction d'une taxe de raccordement au réseau collectif de distribution d'eau ainsi qu'au réseau collectif d'assainissement des eaux usées ; |
| 2026-05-07 | Fixation des taux multiplicateurs de l'impôt foncier pour 2027 ; |
| 2026-05-08 | Fixation des taux multiplicateurs de l'impôt commercial pour 2027 ; |

| | |
|---|---|
| 2026-05-09 | Information sur le Plan Pluriannuel Financier 2027-2031 ; |
| 2026-05-10 | Demandes de subside ; |
| 2026-05-11 | Divers. |

**Le conseil communal :**

**1.** le conseiller MICHELS ne prend part ni à la délibération, ni au vote pour le conseiller BENDER pour le point concernant l'approbation des modifications ponctuelles du PAG de la Commune de Waldbillig, étant donné qu'il n'y participe pas lui-même conformément à l'article 20 de la loi communale modifiée du 13 décembre 1988.

approuve unanimement

- Le volet réglementaire (partie écrite et partie graphique) ;

- Le projet des modifications ponctuelles du plan d'aménagement général (PAG) de la commune de Waldbillig concernant des fonds sis à Christnach, Haller, Mullerthal et Waldbillig en tenant partiellement compte des avis de la commission d'aménagement du Ministère des Affaires intérieures, des avis du Ministre de l'Environnement, du Climat et de la Biodiversité conformément à la loi concernant la protection de la nature et des ressources naturelles et à l'évaluation des incidences de certains plans et programmes sur l'environnement sur les rapports sur les incidences environnementales et en tenant compte de la réclamation avisée partiellement favorable par le conseil communal.

**2.** 2) le conseiller MICHELS ne prend part ni à la délibération, ni au vote pour le conseiller BENDER, concernant le point portant sur les adaptations à apporter au projet de modifications ponctuelles du Plan d'aménagement particulier « quartiers existants » de la Commune de Waldbillig, étant donné qu'il n'y participe pas lui-même conformément à l'article 20 de la loi communale modifiée du 13 décembre 1988.

approuve à l'unanimité le projet de modifications ponctuelles du Plan d'aménagement particulier « quartiers existants », tout en tenant compte des avis de la Commission d'Aménagement au Ministère des Affaires intérieures ;



**3.**

a. décide avec huit voix et une abstention (le conseiller MICHELS) de faire valoir son droit de préemption concernant la parcelle numéro 558/3536 inscrite au cadastre de la commune de Waldbillig, section B de Waldbillig, d'une contenance de 4 ares 70 ca, dans le but d'aménager des espaces supplémentaires pour l'école préscolaire adjacente ;

b. décide de ne pas faire valoir son droit de préemption concernant la parcelle sise dans la commune de Waldbillig, section A de Haller, lieu-dit « Hinter den Hagen », inscrite au cadastre sous le numéro 887/1896 d'une contenance de 22 ares 60 ca ;

**4.** décide unanimement de marquer son accord à la Convention 2026 relative au Club Aktiv Plus an der Loupescht ;



5. le conseiller MICHELS ne participe ni à la délibération, ni au vote portant sur ce point conformément à l'article 20 de la loi communale modifiée du 13 décembre 1988.

   décide unanimement de marquer son accord à l'acte notarié portant sur la vente d'un emplacement, sis à Haller, section A de Haller, inscrit au cadastre de la commune de Waldbillig sous le numéro 337/2427, avec une contenance de 5 centiares ;

6. décide unanimement d'arrêter le règlement-taxe de raccordement au réseau collectif de distribution d'eau destinée à la consommation humaine ainsi qu'au réseau collectif d'assainissement des eaux usées ;

7. décide unanimement :

   - de fixer pour l'année d'imposition 2027 le seul et même taux multiplicateur de l'impôt foncier B pour les différentes catégories d'immeubles à 300 % ;

   - de fixer le taux de l'impôt foncier A à 300 % ;

8. décide unanimement de fixer le taux multiplicateur de l'impôt commercial dans la commune de Waldbillig pour l'année d'imposition 2027 à 250 % ;

9. le Collège échevinal présente le plan pluriannuel financier des années 2027-2031 de la commune aux membres du Conseil communal ;

10. décide unanimement d'accorder un subside au montant de 75,00 € aux associations susnommées.

    - Action Solidarité Tiers Monde a.s.b.l. ;
    - Association nationale des Victimes de la Route a.s.b.l. ;
    - ONGD-FNEL scouts et guides pour le développement communautaire a.s.b.l. ;
    - Fondatioun « Lëtzebuerger Guiden a Scouten » am Déngscht vun de Jonken



*Foto: Damaris*

# ZIVILSTAND // ÉTAT CIVIL

## Gebuerten // *Naissances*

| | | |
|---|---|---|
| **Deberg** Alita Alina Colette | 26.05.2026 | *Chrëschtnech* |
| **Dilu** Menon Madhavan | 13.06.2026 | *Waldbëlleg* |
| **Glesener** Petit Jhemp Antoine | 28.08.2026 | *Freckeisen* |
| **Low** Phoebe Talia | 26.05.2026 | *Chrëschtnech* |
| **Martino Plácido** Stella | 19.09.2026 | *Haler* |
| **Tavares** Brito Nayomi | 24.05.2026 | *Haler* |
| **Vilela** Leano | 02.07.2026 | *Waldbëlleg* |
| **Zimmer** Emil Jean | 22.06.2026 | *Haler* |

## Stierffäll // *Décès*

| | | |
|---|---|---|
| **Lippert** Jean Pierre Marie | 05.06.2026 | *Mëllerdall* |
| **Tzanevski** Ivan Tzankov | 11.08.2026 | *Waldbëlleg* |

## Pacs // *Partenariats*

| | | |
|---|---|---|
| **Maas** Philippe & **Hoffmann** Laurence | 24.06.2026 | *Waldbëlleg* |
| **Klein** Luc & **Houwen** Astrid | 26.06.2026 | *Haler* |

## Hochzäiten // *Mariages*

| | | |
|---|---|---|
| **Santurbano** David & **Bozkurt** Elena Rose Gulbeyaz | 19.06.2026 | *Chrëschtnech* |
| **Coenjaerts** Luc & **Wagner** Jasmine | 26.06.2026 | *Chrëschtnech* |
| **Rosman** Luc & **Filipe** Lima Rita | 10.07.2026 | *Waldbëlleg* |
| **Tabrizifini** Mehdi & **Weydert** Carmen | 16.07.2026 | *Waldbëlleg* |
| **Wolles** Sam & **Steffen** Amélie Marie | 07.08.2026 | *Waldbëlleg* |
| **Ferreira Gomes** Carlos Filipe & **Branco Carvalho** Cláudia Patrícia | 26.08.2026 | *Chrëschtnech* |
| **Gomes Martins** Edgar & **do Carmo Silva** Ana Maria | 10.09.2026 | *Chrëschtnech* |

# MIR GRATULÉIEREN!

D'Elena Rose Gulbeyaz **Bozkurt** an de David **Santurbano** vu Chrëschtnech sinn den 19. Juni bestuet ginn.





D'Astrid **Houwen** an de Luc **Klein** vun Haler sinn de 26. Juni gepacst ginn.



De Lima Rita **Filipe** an de Luc **Rosman** vu Waldbëlleg sinn den 10. Juli bestuet ginn.



D'Carmen **Weydert** an de Mehdi **Tabrizifini** vu Waldbëlleg sinn de 16. Juli bestuet ginn.



D'Amélie Marie **Steffen** an de Sam **Wolles** vu Waldbëlleg sinn de 7. August bestuet ginn.



D'Cláudia Patrícia **Branco Carvalho** an de Carlos Filipe **Ferreira Gomes** vu Chrëschtnech sinn de 26. August bestuet ginn.



D'Ana Maria **do Carmo Silva** an den Edgar **Gomes Martins** vu Chrëschtnech sinn den 10. September bestuet ginn.

*Fotoen: Gemeng Waldbëlleg*



# INTERVIEW MAM LUC KIRSCH



### Wéi sidd Dir bei d'Gemeng Waldbëlleg komm?

Ech hunn d'Ausschreiwung vun der Plaz an der Zeitung gesinn, a well ech duerch de Club des Jeunes Chrëschtnech d'Gemeng an d'Duerfliewen scho jorelaang kannt hunn, hunn ech mech dunn drop gemellt a sinn zum Schluss geholl ginn.

### Wéi laang maacht Dir deen Job schonns?

Ech hunn 2008 meng Léier als Gaarden- a Landschaftsbauer ofgeschloss. Duerno hunn ech d'Meeschterkaart gemaach, mat där ech 2011 fäerdeg gi sinn. A säit Januar 2019 schaffen ech op der Gemeng Waldbëlleg.



### Wat sinn déi gutt Säiten dovun?

Di schéi Säit ass natierlech, datt ee vill dobaussen an der Natur schaffe kann, an een um Schluss vum Dag och gesäit, wat ee geschafft huet. Wat mir natierlech och gutt gefält, ass, datt meng Aarbecht op der Gemeng ganz ofwiesslungsräich ass.

### Wat sinn d'Erausfuerderungen?

Eng Erausfuerderung ass sécherlech, allen Aarbechte gerecht ze ginn zu deene Momenter am Joer, wou vill Aufgabe beieneekommen.

### Wou hutt Dir virdru geschafft?

Virun der Gemeng Waldbëlleg hunn ech sechs Joer op der Ärenzdallgemeng geschafft. Do virdru war ech bei engem Gäertnerbetrib, wou ech och meng Léier gemaach hunn.



**Wat géift Dir iech fir d’Zukunft an Ärem Beruff wënschen?**

Ech géing mir wënschen, datt ech de Beruff nach laang mat gudder Gesondheet a Freed ausübe kann.

**Fannt Dir, datt et sech gutt an eiser Gemeng liewe léisst?**

Ech géif dat scho mengen. Ech wunnen zwar net an der Gemeng, mä fannen awer, datt et eng schéin an flott Gemeng ass, wou een och vill Veräiner an Aktivitéiten huet.

**Wou wunnt Dir elo?**

Ech wunne mat menger Famill zu Iermsdref an der Ärenzdallgemeng.

**Wat maacht Dir am léifsten, wann Dir no der Aarbecht heemkommt?**

Am léifste verbréngen ech Zäit mat menger Famill. Ansonste schaffen ech nach gär eppes dobaussen, oder a mengem Atelier.

*Froen: Corinne Meyers*
*Fotoen: privat*





## NATIONALFEIERDAG 2026

Um Virowend vum Nationalfeierdag war et ewéi all Joer de gewinnte Programm, zwar wéinst der Hëtzt ouni Cortège mee mat Te Deum, dës Kéier zu Chrëschtnech, an dono den offiziellen Deel an der Waldbëlleger Sportshal mat der Éierung vun de verdéngschtvollen Ekippen a Membere vun de Veräiner. Duerno huet d'Gemeng den Éierewäin an e Mäifelchen offréiert.

D'Ried gouf dëst Joer vun der Éischter Schäffin Corinne Meyers gehalen.



## D'Ried vun der Schäffin Corinne Meyers

**Léif Matbiergerinnen a Matbierger aus der Gemeng Waldbëlleg,**

et ass mir eng grouss Freed an Éier, Iech haut am Kader vun eisem Nationalfeierdag häerzlech wëllkomm ze heeschen.

Dësen Dag ass eng besonnesch Geleeënheet, fir als Gemeinschaft zesummenzekommen an eis Verbonnenheet mat eisem Land an eise Wäerter ze ënnersträichen. Mir feieren haut net nëmmen eise Grand-Duc an eis national Identitéit, mee och dat, wat eis all Dag am Alldag verbënnt: de Respekt fireneen, d'Solidaritéit an de Wëllen, zesummen un enger positiver Zukunft ze bauen.



Lëtzebuerg ass e klengt Land, mee seng Stäerkt läit an de Mënschen. Et sinn d'Biergerinnen an d'Bierger, déi sech all Dag engagéieren, Verantwortung iwwerhuelen a mat hiren Talenter zum Wuel vun der Gesellschaft bäidroen. Dëst gëllt och fir eis Gemeng Waldbëlleg.

Wa mir op eis Dierfer kucken, da gesi mir eng lieweg Gemeinschaft. Mir gesi Leit, déi sech a Veräiner asetzen, déi kulturellt Liewe gestalten, déi sech fir de Sport, fir d'Jugend, fir eis Traditiounen oder fir sozial Zwecker engagéieren. Mir gesi Fräiwëlleger, déi vill vun hirer Fräizäit investéieren, ouni eppes zréckzefuerderen. Dofir wëll ech hinnen haut e ganz besonnesche Merci soen.

Mir liewen an enger Zäit, déi eis virun nei Erausfuerderunge stellt. D'Welt ronderëm eis verännert sech séier. Theemen, ewéi Klimawandel, Energieversuergung, wirtschaftlech Entwécklungen oder déi sozial Kohäsioun, beschäftegen eis all.





Mee grad an esou Zäite gëtt kloer, wéi wichteg eng staark lokal Gemeinschaft ass. Eng Gemeng ass méi wéi eng administrativ Eenheet. Se ass eng Plaz, wou Mënsche sech begéinen, sech géigesäiteg hëllefen an zesumme Léisunge fannen. Dës Stäerkt hu mir an de leschte Jore méi wéi eng Kéier bewisen.

Mir kënnen houfreg sinn op dat, wat mir zesummen erreecht hunn. Gläichzäiteg musse mir weider no vir kucken an eis Gemeng nohalteg an attraktiv fir déi nächst Generatioune gestalten. Dobäi stinn d'Liewensqualitéit, de Schutz vun eiser Ëmwelt an ee gutt Zesummeliewen am Mëttelpunkt vun eisem Handelen.

Besonnesch un eis Jugend wëll ech haut e puer Wierder riichten. Dir sidd d'Zukunft vun eiser Gemeng an eisem Land. Bréngt är Iddien an, engagéiert iech a bleift virwëtzeg. Eng demokratesch Gesellschaft lieft dovun, datt jonk Leit Verantwortung iwwerhuelen an hir Stëmm héiere loossen.

Mir feieren haut de Kinneksdag, Kinneksgebuertsdag oder Groussherzogs- respektiv Groussherzoginsgebuertsdag, mee wat bedeit dësen Dag deen zanter der Onofhängegkeet vu Lëtzebuerg als Gebuertsdag vum jeeweilege Monarch gefeiert gëtt?

Dëst Joer ass e ganz besonnescht Joer fir eist Land. Mir feieren haut den éischten Nationalfeierdag ënnert dem Grand-Duc Guillaume an der Grand-Duchesse Stéphanie. Esou Momenter ginn et net dacks an der Geschicht vun engem Land. Si verbannen Traditioun a Kontinuitéit mat engem Bléck no vir.

Um Virowend vum Nationalfeierdag feiere mir zesummen an der Gesellegkeet a beschäftegen eis mat eise Wäerter, eisen Traditiounen, mat eiser Geschicht a mat eiser Zukunft.

Mir sollen eisen Zesummenhalt, eis Eenheet an eis Identitéit feieren. Den Zesummenhalt vun all de Leit déi hei bei eis liewen, egal vu wou se kommen a wéi laang se schonn hei sinn.









D'Stäerkt vun eisem Land si seng Awunner - also mir alleguer. Eis Demographie ass eenzegaarteg, et gëtt kaum ee Land an Europa, wou souvill Nationalitéite matenee liewen an zesummen zum Wuel vum Land bäidroen.

Op Nationalfeierdag ass et Traditioun un d'Affer vun de Kricher ze denken, un déi vill Leit, déi sech an den donkelste Stonne vun der Mënschheetsgeschicht dofir agesat hunn, dass dat Béist keng Iwwerhand kritt huet. Hiert Undenke soll geéiert ginn – hei zu Lëtzebuerg an iwwerall op der Welt.

Mir sollen dofir suergen, dass eis Kanner an déi nächst Generatiounen och a Fridden, Fräiheet, Sécherheet an an enger gesonder Ëmwelt liewe kënnen.

Nationalfeierdag ass och deen Dag fir Merci ze soen, dat kann een net oft genuch maachen, dofir haut e besonnesche Merci eise Gemengeservicer, de Membere vun de Kommissiounen, dem Léierpersonal, an dem Personal an dem Comité vun der Maison Relais fir är Aarbecht déi dir iwwer dat ganzt Joer ëmmer nees leescht.











E besonnesche Merci fir all déi Leit aus de Gesondheets-beruffer an dem CGDIS, dir sidd all Dag fir eis do.

Eise Veräiner och e grousse Merci, fir all är Aktivitéiten déi dir organiséiert, dir drot dozou bäi, dass mir eng lieweg Gemeng sinn.

Merci all deenen, déi gehollef hunn des Feierlechkeeten ze organiséieren, déi derfir suergen, dass d'Dëscher stinn a mir eng kleng Deko hunn, Gedrénks am Frigo ass, dat alles gëtt oft ënnerschat an ass net selbstverständlech.

Loosst eis dëse Feierdag notzen, fir e puer Stonnen zesummen ze verbréngen, flott Gespréicher ze féieren an déi gutt Atmosphär ze genéissen, déi eis Gemeng auszeechent.

Am Numm vun de Biergerinnen a Bierger vun der Gemeng Waldbëlleg wënschen ech dem Grand-Duc, der Grand-Duchesse an der ganzer groussherzoglecher Famill all Guddes fir den Nationalfeierdag 2026, an eng glécklech Hand an hiren Entscheedungen.

Am Numm vun der Buergermeeschtesch, dem Schäffen- a Gemengerot wënschen ech iech léif Leit aus der Gemeng Waldbëlleg e schéinen Nationalfeierdag 2026.

*Vive de Grand-Duc, d'Grande Duchesse an déi ganz groussherzoglech Famill.*

*VIVE eis Heemecht – Lëtzebuerg an engem vereenten Europa!*

*Vive eis Heemecht – d'Gemeng Waldbëlleg!*









# Éierungen um Nationalfeierdag 2026

## Jugendpompjeeën

Wëssenstest am Sëlwer:
Aziabou Yanis Salem Koffi
Kontz Dustin

## FC Olympia Chrëschtnech – Waldbëlleg

Ekipp Senior: Opstig 1. Divisioun
Ekipp Senior: Opstig 3.Klass
Minimes: Opstig 4. Klass
Scolaires, Entente mat USBC Bëerdref-Konsdref:
Opstig 4. Klass
Cadets, Entente mat USBC Bäerdref-Konsdref:
Opstig 3. Klass

## Schwammen

Bervas Schumacher Olivier, am Schwammen:
Champion fir
100m Broschtschwammen
400m Lagen champion
200m Broschtschwammen
Vizechampion fir
200m Lagen
400m Lagen
100m Réckeschwammen
200m Réckeschwammen

## Waldbëlleger Musek

Mona Kruchten: Médaille de mérite en bronze
Yana Kruchten: Médaille de mérite en bronze
Chantal Albert: Médaille de mérite en argent
Serge Schroeder: Médaille en argent
Grand-Duc Adolphe

## Dëschtennis

Chiara Gieres,
Landesmeeschterschaft vun der Jugend 14/06/26:
Eenzel Junior: 3. Plaz
Double Dames: 3. Plaz
Championat Dames 09/03/2026: 3. Plaz
Ladies a Girls Day 22/02/2026: 3. Plaz
Tournois individuels:
- 28. Grand-prix du DT Berbourg 06/09/2025: 2. Plaz
- 2. Tournoi de la Commune de la Vallée de l'Ernz 14/09/2025: 2. Plaz



Foto: Damaris



**SCHOUL & MAISON RELAIS** // ***ÉCOLE & MAISON RELAIS***

# SCHOUL

## Kennt dir de Robi vun Housen?

Ma mir, d'Kanner aus dem Precoce vun Haler hunn en net kannt, mee mir hate vun ëm héieren…

Dofir: näischt wéi dohin!

Den 10. Juni hu mir eis e gudde Picknick agepaakt an du si mir mam Bus bis bei d'Schoul zu House gejabelt. Mir sinn net wäit geträppelt, du hu mer eng Holzfigur vum Robi erbléckst. Hie schéngt net ganz grouss ze sinn, mee dofir huet en awer eng déck Nues. Op Schëlder war hien och ze gesinn a sou si mir deene mol no geträppelt, ratsch an de Bësch eran.

De Robi hu mir um ganze Wee zwar net begéint, mee hien hat eis awer allerhand fir ze entdecken an ze spillen opgeriicht: mir konnte kloteren, Wäitsprong üben, Dännenzappe werfen, op en Tuerm klammen a villes méi. Onse Picknick hu mer op engem risege Bett gefrupst. Op dat wuel dem Robi säint ass? Mee dann huet hien op alle Fall eng grouss Famill! Well eleng brauch dee klenge Männche sécher kee sou e grousst Bett, oder?

Op alle Fall hate mir e flotten Dag um Wee mam Robi. Vläicht begéine mir hie jo déi nächste Kéier wa mer heihi kommen. Wie weess?









# Kache mat der Feierschuel

D'Kanner aus dem Precoce hunn am Laf vum leschten Trimester e puer Mol op der Feierschuel gekacht. Fir si war dat all Kéier e besonnescht a spannend Erliefnes. Si konnten net nëmmen dobäi nokucken, mee och aktiv matmaachen an entdecken, wéi een Iessen iwwer dem Feier zoubereet.

Eng Kéier hu si Poffertjes gemaach, eng aner Kéier gouf et Stockbrout a Popcorn. D'Kanner hunn hiert Stockbrout selwer iwwer dem Feier gebak a konnte beobachten, wéi aus de Maiskären iwwer dem Feier Popcorn entsteet.

D'Kache mat der Feierschuel huet de Kanner vill Freed gemaach a war eng flott Ofwiesslung zum Kachen an der Klass. Doduerch, datt d'Iessen op eng aner Manéier zoubereet gouf, konnten d'Kanner nei Erfarunge sammelen.



















# Eis Sportsstonn mam Precoce

Léif Awunner aus der Gemeng Waldbëlleg,

am 3. Trimester hat d'Klass aus dem Cycle 4 vun der Joffer Mandy eng schéin Turnstonn zesumme mam Precoce.

Am Virfeld vun däser Stonn misste mir eis als éischt iwwerleeën, wat mir mat de Kanner aus dem Precoce maache kéinten. Mir missten eis Übungen ausdenken, déi weeder ze einfach nach ze schwéier oder ze geféierlech fir si wieren. Schlussendlech hu mir eis ee Parcours mat verschiddene Statiounen ausgeduecht. Den Dag selwer si mir um 8 Auer séier an d'Turnhal gaange fir de Parcours opzeriichten a prett ze hunn, wann d'Kanner aus dem Precoce kommen. Mir hunn eis a Gruppen agedeelt, all










NEXT SCENE








Grupp vun eis war fir eng Statioun verantwortlech. Mir hunn de Kanner de Parcours als éischt presentéiert an duerno hu mir hinne gehollef, wann si Hëllef gebraucht hunn.

Déi kleng Kanner goufen och a Gruppen agedeelt a missten op de verschiddene Statiounen zum Beispill sprangen, kloteren a lafen. Si hate vill Motivatioun an hu gutt matgemaach. Mee net nëmmen si hate Spaass, mee mir haten och Freed fir ze weisen, wat si maache sollen, a fir hinnen ze hëllefen. Dës schéin Turnstonn wäerte mir net vergiessen. Mir ware frou, dass sou vill Kanner komm sinn a matgemaach hunn. Zum Schluss wollte mir eise Joffere Merci soe fir déi schéin Iddi eng Turnstonn mam Precoce ze hunn.

*Vum: Myra, Sarah, Noah, Lina (Cycle 4)*

## En neit Schouljoer

D'Spillschoulskanner an hir Léierinne freeën sech op e léierräicht neit Schouljoer voller neien Erfarungen, interessanten Entdeckungen a ville gemeinsame Momenter. Mat vill Begeeschterung a Virfreed kucken si op déi kommend Méint, an deenen d'Kanner zesumme léieren, spillen, entdecken a wuessen.

Mat dësem Schouljoer fänkt déi wichteg Reform: „Alpha – zesumme wuessen" un. D'Léierinne vum Cycle 1 stellen sech zesumme mat de Kanner an hiren Elteren dëser spannender Erausfuerderung.

Um Internetsite alpha.script.lu fënnt ee vill Informatioune ronderëm dës Reform.



# MAISON RELAIS



D'Kanner aus der Maison relais hunn am Juli en Ausfluch an d'Phantasialand gemaach, mam C1 bis C4.

En aneren Ausfluch war an den Zoo Amnéville, am August och mat de Cyclen 1 bis 4.

Am Juli waren d'Cyclen 2 bis 4 um Adventure Lënster.

Des Weideren hat d'Maison relais am Mee eng flott Collaboratioun mat de Pompjeeën. D'Kanner aus den Cyclen 1 bis 4 duerften Aktivitéite bei de Bau maache goen.

Am Juli waren d'Cyclen 3 a 4 beim Bëschprojet. De Cycle 3 huet am Gaart geschafft.

D'Kanner hunn e Besuch an der Crèche gemaach. Déi zukünfteg Precoce-Kanner waren an de Precoce kucken.

*Christiane Seil, Maison relais*






























# SCHOULFEST
## Vive Waldbëlleg! Den 11. Juli 2026

Ënnert dem Motto „Vive Waldbëlleg“ huet d’Elterevereenegung zesumme mam Organisatiounscomité vun der Schoul dëst Joer e richtegt flott a ganz animéiert Schoulfest op d’Bee gestallt – net nëmme fir d’Kanner, mee och fir all d’Awunner aus eiser Gemeng.

Trotz de ganz waarmen Temperature war fir jiddereen eppes dobäi!

Vill flott Spiller, Sprangschlässer, eng XXL-Sandkëscht a verschidden Animatiounen hunn dofir gesuergt, datt d’Kanner sech richteg austobe konnten a vill Spaass haten. Esou konnt d’Schouljoer mat engem schéinen a lëschtegen Dag ofgeschloss ginn.

E grousse Succès hat och de Ballonskënschtler, deen aus Ballone vill verschidden Déieren a flott Figure fir d’Kanner gezaubert huet.

Beim Bull Riding gouf et spannend! Bei de Kanner konnt sech de Gewënner iwwer eng BMW-Wallis freeën. De Gewënner bei den Erwuessene krut eng STIHL Heckeschéier.

Fir déi musikalesch Ambiance hu fir d’éischt de Jugendensemble an duerno d’Waldbëlleger Musek gesuergt.

E richtegen Highlight fir d’Kanner war d’Arrivée vun de Jugendpompjeeën aus der Gemeng Waldbëlleg. Mat Pompjeescamion a Sireenen si si an den Haff gefuer an hunn de Leit eng spektakulär an interessant Demonstratioun vun engem Asaz gewisen.

Och bei enger gemittlecher Faart mat der Päerdskutsch konnten d’Kanner zesumme mat hirer Famill e puer schéi Momenter genéissen.

Fir dat Ganzt sportlech ausklénge ze loossen, huet de Cycle 4 nach e flotte Fussballsmatch géint d’Enseignanten an d’Eltereverenegung gespillt – e flotten Ofschloss vun engem gelongenen Dag!

E ganz grousse Merci geet un all d’Elteren an d’Léierpersonal, déi mat vill Engagement an Hëllef dozou bäigedroen hunn, datt dëst Schoulfest esou e grousse Succès konnt ginn. Ouni iech all wier esou e flotten Dag fir eis Kanner net méiglech gewiescht!

E besonnesche Merci geet och un all eis Sponsoren, déi eis an d’Kanner ënnerstëtzt hunn an esou gehollef hunn, dëse schéinen Dag finanziell op d’Been ze stellen.

Merci un iech alleguerten – a Vive Waldbëlleg!

*D’Elterevereenegung zesumme mam Organisatiounscomité vun der Schoul Waldbëlleg*































# Hoodie Fiesta – 19. Juni 2026 op der BBQ-Place

Entretemps ass et eng flott Traditioun ginn, datt d'Elterevereenegung de Kanner aus dem C4.2 en Hoodie schenkt – als klenge Souvenir un hir gemeinsam Zäit an der Grondschoul.

D'Kanner kënnen hiren Hoodie selwer designen, d'Faarf eraussichen a sech e flotten, perséinleche Sproch ausdenken. Dee gëtt dann op hiren Hoodie gedréckt. Esou kritt all Kand säi Pullover als Erënnerung.

Och dëst Joer war et nees e flotten Event.

Freides, den 19. Juni 2026 hu sech d'Kanner ab 17:30 Auer zesumme mat hire Jofferen op der Grillplaz zu Chrëschtnech getraff, fir ze grillen, ze „spillen" an einfach nach eng Kéier zesummen ze chillen.

D'Elterevereenegung huet de Grill ugeschmass a fir d'Kanner an hir Jofferen eng Grillwurscht gegrillt. Och d'Eltere waren häerzlech wëllkomm. Wien eppes dobäi hat, konnt et natierlech mat op de Grill leeën.

D'Kanner haten e flotte Moment zesummen. Si hu Beachvolleyball gespillt, am Sand gebuddelt, Cornhole gespillt a vill gelaacht a gechillt. Et war e schéine gemeinsame Virowend, fir déi gemeinsam verbruechte Joren ze feieren.

Eng flott Zäit geet op en Enn, an eng nei Aventure fänkt un. Mir wënschen all de Schüler eng super flott Zäit am Lycée, vill Erfolleg an natierlech vill nei flott Erfarungen.

A vergiesst net: „Ouni Frënn mécht d'Schoul kee Sënn! ganz nom Motto vun hirem Hoodie.

*Text a Fotoen: D'Elterevereenegung aus der Gemeng Waldbëlleg*









# DEN AUSBAU VUN DER MICHEL RODANGE SCHOUL ZU WALDBËLLEG

De 6. Juli, kuerz virun der grousser Vakanz, huet déi offiziell Aweiung vum neien Ausbau vun der Schoul zu Waldbëlleg stattfonnt. D'Schoulkanner hunn d'Éieregäscht mat hiren häerzlechen a liewegen Opféierunge begeeschtert, déi se mat hiren Enseignanten astudéiert haten. Mat Freed ass d'Bändche duerchgeschnidde gi fir den Zougang vun den neie Schoulsäll opzemaachen. Nom offiziellen Deel hunn den Innenminister, d'Gemengevertrieder aus der Gemeng Waldbëlleg an den Nopeschgemengen, d'Éierebuerger-meeschteren, d'Vertrieder aus dem Educatiounsministère, d'Schouldirektioun, d'Enseignanten, d'Büroen, déi um Projet geschafft hunn, an d'Handwierksleit déi um Bau ware mam Gemengepersonal op dat schéint neit Gebai ugestouss.

De 27. Mäerz 2023 huet de Gemengerot dëse wichtege Projet vun der Erweiderung vun der Schoul guttgeheescht. No der Ausschreiwung vun den Aarbechten ass de Chantier am Abrëll 2024 an d'Startlächer gaang. No enger Bauphas vun e bësse méi ewéi zwee Joer konnt de Projet dunn dëse Summer ofgeschloss ginn. Fir den neie Schoulufank am September konnten déi nei Raimlechkeeten a Betrib geholl ginn.

Den Neibau bitt Plaz fir 93 Kanner. Fënnef nei Klassesäll, dräi Annexe/Appui-Raim, een Annexe-Raum fir d'Schoul-medezin an eng Fräiloftklass si bäigebaut ginn.

Beim Plangen a bei der Realisatioun vum Projet louch de Fokus virun allem op de spezifesche Besoine vun de Kanner. Am Vierdergrond stoungen e kandgerechten an oppene Kader fir ze léieren an ze schaffen. Den Neibau mat senge grousse Fënsteren, déi vill Dagesliicht eraloossen, ass op de Schoulhaff geriicht.

D'Integratioun vun der neier Struktur an de Schoulcampus, mat deenen anere Gebaier, huet beim Plangen eng wichteg Roll gespillt. Déi nei Klassesäll bidden en direkten Zougang zu der Sportshal an zu de bestoende Klassesäll a gliddere sech esou optimal an de bestoende Schoulcampus an.

Nohaltegkeet an zukunftsorientéiert sinn zwee zentral Stéchwierder vum Projet, souwuel bannen ewéi baussen. Natierlech Materialie si verschafft ginn. Eng Kombinatioun aus Massiv- an Holzbau, zesumme mat engem extensiv begréngte Flaachdaach droen zur Verbesserung vum Mikroklima an zur Reewaasserréckhalung bäi. Wéi schonn déi bestoend Gebaier vun der Schoul, ass och den neien Deel un d'Fernwärmenetz vun der Gemeng ugeschloss ginn.

D'Gemeng huet ronn 5,6 Milliounen EURO an d'Realisatioun vum Ausbau vun der Schoul investéiert.



*Text: Martine Dimmer a Joëlle Duschang*
*Fotoen: Norry Stolz & Carsten Gales & Andrée Henx-Greischer*















Foto: Damaris

# VERÄINER // *ASSOCIATIONS*

# D'VERÄINER AM INTERVIEW: STEVE THOLL




Heimadder leede mer eng nei Rubrik an. No den Interviewe mat de Membere vum Schäffen- a vum Gemengerot ass d'Rei elo un de Presidentinnen a Presidente vun de Veräiner aus der Gemeng Waldbëlleg..

Den Ufank mécht de **Steve Tholl**, President vum FC Olympia Chrëschtnech-Waldbëlleg.

## Géift Dir Iech kuerz virstellen?

Mäin Numm ass Tholl Steve. Ech wunne mat menger Fra an eisen zwee Kanner zu Chrëschtnech, sinn awer zu Haler grouss ginn. Ech verbrénge also scho mäi ganzt Liewen an eiser schéiner Gemeng Waldbëlleg.

Schaffe ginn ech zanter 2010 bei der CFL als Gleisbauer. Mat 16 Joer hunn ech awer eng Léier als Landschaftsgäertner gemaach an duerno nach véier Joer am selwechte Betrib geschafft.

## Bei wéi engem Veräin a wéi laang engagéiert Dir Iech schonn?

Mäin Häerzensveräin ass den FC Olympia Chrëschtnech. Beim FCO sinn ech dobäi, zanter ech siwe Joer al sinn. Ech hu selwer sämtlech Jugendekippen duerchlaf, bis ech mat 16 Joer an der éischter Equipe gespillt hunn.

No e puer schwéiere Verletzungen an enger méi laanger Paus hunn ech mech missen enger Operatioun ënnerzéien an dunn och mam Foussball ophalen. No e puer Joer Paus huet et mech awer nees gepaakt an ech hunn nach eng Kéier ugefaangen. Fir d'éischt bei der zweeter Equipe als Spillertrainer, bis ech no zwee Joer nees bei der éischter Equipe als Spiller dobäi war.



No menger sportlecher Karriär hunn ech mech dunn voll a ganz op meng Aufgaben am Comité konzentréiert, wou ech zanter dem Summer 2025 d'Roll vum President iwwerholl hunn.

Ech sinn also mëttlerweil zanter 32 Joer mat vill Häerzblutt beim FCO dobäi.

## Wéi eng Prioritéit gesitt Dir fir Äre Veräin?

Als Prioritéit gesinn ech, datt d'Leit aus der Gemeng eng Plaz hunn, wou si sech kënnen treffen, sech erëmgesinn an zesummen e puer schéi Momenter och nieft dem Terrain kënnen erliewen.

Den FCO soll schliisslech eisen Duerfveräin bleiwen, dee mir alleguer esou gär hunn.





### Mat wéi enge Schwieregkeeten huet de Veräin ze dinn?

Eigentlech si mir als Veräin ganz gutt ënnerwee. Mir hunn 120 Jugendspiller a kënne bal all Alterskategorien um Terrain stoen hunn, mat Ausnam vun enger Juniorsekipp. Ausserdeem hu mir eng éischt Ekipp, eng zweet Equipe an eng U23.

Mir hunn och eng super Jugendkommissioun, déi eng ganz gutt Aarbecht mécht.

Leider si mir de Moment just nach zu sechs Leit am Comité, wat schued ass. Mir kéinten do nach e puer Hëllefshänn gebrauchen, déi motivéiert sinn, eis ënnert d'Äerm ze gräifen an eis ze ënnerstëtzen, well zu méi wier villes einfach méi liicht.

Mat ronn 200 Memberen an esou villen Equippen ass einfach vill Aarbecht ze maachen, an déi sechs Leit kënnen dat op Dauer net alles eleng stemmen.



### Huet oder hat de Veräin Probleemer mam neie Gesetz iwwert ASBLen?

Et war nawell vill Aarbecht, fir alles an d'Rei ze kréien, sief et bei de Pabeieren oder bei den neie Statuten.

Mir haten eis dofir e Rendez-vous beim Registre de commerce geholl, déi eis ganz gutt gehollef hunn an eis bei all Fro zur Säit stoungen, dat huet eis definitiv vill gehollef.

### Sidd dir zefridde mat der Ënnerstëtzung vun der Gemeng?

Mir si ganz zefridde mat der Ënnerstëtzung vun der Gemeng.

Si hëlleft jo net nëmmen dem FCO mat sengen 200 Memberen an hirem Engagement, mee si ënnerstëtzt virun allem och déi 120 Kanner, déi esou hirem Hobby, respektiv hirem Liblingssport, hei an hirer Gemeng kënne nogoen, zesumme mat hire Kolleegen.



An ech mengen, genee dat ass dat, wat e lokale Veräin ausmécht an esou flott mécht.

**Wat war Äert schéinst Erliefnes am Veräin? A wat wënscht Dir Iech fir d'Zukunft?**

Mäi perséinlech schéinst Erliefnes war mat Sécherheet, wéi ech mat 16 Joer mäin éischte Gol an der éischter Equipe geschoss hunn.

Den FCO steet fir mech op éischter Plaz, an do gëtt et mat Sécherheet näischt méi Flottes, wéi zesummen ze gewannen, an do muss ech soen, datt de Barragematch dëst Joer zu Dikrech virun 2.721 Leit géint Baastenduerf fir mech den absolutten Highlight war.

No 41 Joer ass den FCO nees an déi éischt Divisioun gestigen. Dat ass eng staark Leeschtung vun eise Jongen an eisen Traineren, an dofir wëll ech hinnen hei nach eng Kéier e risege Respekt ausschwätzen.

Fir d'Zukunft wënschen ech mir, datt mir nach vill flott Momenter um an nieft dem Terrain erliewen. An ech géif mir och wënschen, datt mir nach e puer motivéiert Hänn fir de Comité fannen, fir datt den FCO weider ka wuessen an och an Zukunft Kanner an Erwuessener eng Plaz an eiser Gemeng hunn, wou si hirer Passioun kënne nogoen.

Merci a bis geschwënn!

*Den Interview huet d'Corinne Meyers gemaach, d'Fotoe si privat a komme vum Steve Tholl*



# FC OLYMPIA CHRËSCHTNECH-WALDBËLLEG

Am Kader vun den 80 Joer FC Olympia Chrëschtnech-Waldbëlleg Feierlechkeeten huet den 20. Juni 2026 eng Journée des Anciens zu Chrëschtnech stattfonnt. Um Programm stoung den Éierewäin an der neier Buvette, e Méttegiessen am Restaurant um Golf an en „Ausklang“ an der neier Buvette.

Ronn 100 Legenden hunn an enger super Ambiance zum Succès vun dësem Event bäigedroen. Ee grousse Merci un all bedeelegten Acteur.

Weider um  Programm vun den Feierlechkeete stoung e Galamatch de 26. Juli 2026, wou den FC Victoria Rosport géint den FC Marisca Miersch ugetrueden ass.

Duerno gouf den 4., 6. an 8. August d'Coupe 80 Joer FCO mat follgende Veräiner gespillt: FC Ruspensia Larochette, FC Blo Wäiss Miedernach, FC 47 Bastenduerf, US Berdorf-Consdorf, FC Jeunesse Biwer an den FC Olympia Chrëschtnech-Waldbëlleg.

All dës Feierlechkeeten hunn eng sëlleg Leit a Frënn aus eiser Gemeng an der Ëmgéigend zesummebruecht.

*Ronny Thill*

# REGIONALE JUGENDCAMP AUS DER REGIOUN OST ZU WALDBËLLEG

FRËNN VUM CIS WALDBËLLEG
a.s.b.l.






### Eckdaten:

Vum 21. bis de 26. Juli 2026 zu Waldbëlleg nieft dem Pompjeesbau.

9 CISen (Centre d'incendie et de secours) aus der Regioun OST an 1 CIS aus der Regioun NORDEN: Beefort, Ärenzdallgemeng, Fluesweiler, Fiels, Manternach, Mutfert, Réimech, Rouspert, Schieren a Waldbëlleg.

103 Kanner, 42 Moniteuren vun de verschiddenen CISen, 28 Benevolle vun den Elteren zesumme mat de Frënn vun der CIS Waldbëlleg a.s.b.l., 20 Zelter – 150 Feldbetter – 1 Gemeinschaftszelt.



### Programm

Eis Jugendpompjeeë konnten un engem flotte Programm deelhuelen.

Ënnert anerem eng Nuetswanderung, e Rallye, eng Visitt an der Schwämm, de Lët'z Dance, Teambuilding, Übungen aus dem Pompjees- a Rettungswiesen, Kloteren am Park Le'h, eng Ofschlossübung am Mëllerdall mat all de Kanner, eng grouss Ofschlosszeremonie mat Optrëtter vun de Jugendekippen an engem Theaterstéck vun de Moniteuren, vill Spill a Spaass gouf gebueden.

All Dag gouf e 5*-Frühstücksbuffet mat Omlett, Spigel-eeër, Speck, Jughurt, Uebst, Schockelasrullen, Bréidercher a villes méi vun onser Kichenekipp zesummegestallt.

Als Owesiessen gouf et vun Chili, Kniddelen, Bouchée à la reine, Grillen bis bei déi obligatoresch Spaghetti, alles wat ons Häerzer begiert. Dëst preparéiert vun eiser lokaler Gastronomie aus der Gemeng. Natierlech huet och en Dessert net gefeelt.





*Foto: Olivier Glod*









*Foto: Olivier Glod*









**Merci soe mer all onseren Ënnerstëtzer, Sponsoren an Donateuren:**

La Bottega – Gudde Kascht – Ben Weber, Heringer Millen, Café Dina, Boulangerie Marques, Metzlerei Wietor, Eppelpress, Berdorfer Kéis, Meyrishaff, Molkerei Thiry, Weber – Multidrink, Garage Thommes, Möbel Thiex, Immo Herca, Nordparts, Ltoys, Electricité Bettendorf, OG Photography, Peinture magique, Flowey, Samkats, De Glaser, Distillerie Freckeisen, De grénge Maennchen, Groupe Tavares, Intercentral Pneu, Böckmann Center, Mobile Car Spa, Blitzeblank, Nordstadjugend.

Merci dann awer och der Gemeng Waldbëlleg mat all hire Servicer, dem Jugendausschuss vun de Lëtzebuerger Jugendpompjeeën, der Zon OSTEN vum CGDIS, dem Regionalverband aus der Ostregioun.

E ganze décke Merci gëllt dann awer och onsen Elteren a Membere vun de Frënn vum CIS Waldbëlleg, ouni hiert fräiwëllegt Engagement, wier esou eng Organisatioun ni méiglech gewiescht.

**Wann Dir Interessi hutt un de Jugendpompjeeën, da mellt Iech wgl. beim Thill Jonathan: 691669842**

*Text a Fotoen (wann net anescht uginn):*
*Frënn vum CIS Waldbëlleg*



# D'AEROMODELISTE VU CHRËSTNECH





Just bei Redaktiounsschluss vum Fuuss am Mee, kruten d'AMC Piloten d'Noriicht, datt hire léiwe Präsident, Frënd a Kolleeg, de Pol Mehlen, eis fir ëmmer verlooss huet, sou datt den 8te Mee um AMC Terrain mat Trauerflor un der Girouette geflu ginn ass...

Awer et ass geflu ginn, esou wéi de Pol dat sécher gewollt hätt!

D'éischt war de Runway nach schéi gréng, awer mat deem wéinege Waasser vun uewen... ass eis Pist ëmmer méi leemfaarweg ginn a fir ze méie war näischt méi do!





Nei Fligere si mat Freed ageflu ginn an et gouf och Réckschléi, wann z.B. d'Landung bei wéischtem Wand, gréisser Spueren hannerlooss huet!

Awer am kille Bastelkeller sinn esou munch aussiichtslos Fäll nees zu neiem Glanz komm! Dee Bëss ass eng Dugend, déi fir den Aeromodelist essentiel ass! Hei e beléifte Remorqueur vu Seegelfligeren no sengem Passage um Basteldësch!












Dat ass de Mike, e Parapentepilot dee mat sengem Meeschter vum staarke Nordwand iwwerrascht gouf a sech Richtung Mandelbaach am Süde vum AMC Terrain aus dem Stëbs gemaach huet!

Leider hunn déi sëllege Sichexpeditiounen nach näischt bruecht!





Enn Mee huet et Richtung Reiland gebrannt a Mëtt Juli gouf et e Feier bei Konsdref! De Summer war ustrengend dëst Joer!



D'Lënsen an d'Hondskamille goufe gedresch...





De Bommel ass déif an d'Bléi gedaucht fir e Schotz Limonad bei där Dréchent ze fannen!







Dack war et gutt waarm! Dobäi koum e ferme Wand aus allen Himmelsrichtungen !... Geflu gouf awer, a jett schéi Stonnen hunn d'Suergen an den Duercherneen op der Welt vergiesse gedoen!

Eng Plaz mat Sëtzgeleeënheet am Schiet vum AMC-Chalet war en Avantage, dee souguer vun Touriste wéi och vu Spectateure genotzt gouf!

Enn August huet de Reen nees de Wee op Lëtzebuerg fonnt !

Mam meteorologeschen Hierschtufank konnt och de Parapentepilot vum Harro & Linda (Wanderer aus Friesland NL) aus dem Gestrëpp iwwert der Mandelbaach befreit-, a vum René Mehlen nees an de Vurrelsbësch rapatriéiert, ginn! D'Freed ass grouss!

**Um AMC-Terrain, sinn déi aktiv Pilote frou fir Iech hire schéinen Hobby ze presentéieren!**





*Redaktioun a Biller: Henri Beissel, Marcel Delleré, Ali Federmeyer, Romain Hanten, Push Steffen*

# NEWS VUM TURNVERÄIN ËMMER FIT WALDBËLLEG



Virun der Summerpaus hu mir e Méindeg den 13.07.2026 nach emol all zesummen trainéiert. Et war eng richteg flott a sportlech Saison, an eis Trainer Agata a Fränz hunn eis mat vill Engagement a Motivatioun gutt a Form bruecht.

Fir eise Closing hat d'Agata e flotten Training fir eis preparéiert, a mir hunn nach emol all zesummen alles ginn. Um Programm stoung e Soft-Classic-Men-Mixed-Training. Dono hu mir d'Saison, wéi schonn d'lescht Joer, gemittlech bei engem klengen Häppchen an engem gudde Pättchen am Café Dina ausklénge gelooss.

## Summer-Fit

Och dëse Summer hu mir eise Summer-Fit-Grupp erëm aktivéiert. A klenge Gruppen hu mir eis am Schoulhaff getraff, fir sportlech aktiv ze sinn. Et ass ëmmer erëm flott.

## Ëmmer Fit Charity

No dem Erfolleg vum leschte Joer fënnt och dëst Joer, e Samschdeg den 19. September 2026, den Ëmmer Fit Charity statt – ganz nom Motto: „Zesummen aktiv fir de gudden Zweck!"

D'Iddi ass einfach: Mir maachen zesummen aktiv Ronne ronderëm den Iechternacher Séi. All gelaf oder getrëppelt Ronn gëtt vum Veräin gesponsert, an déi gesammelt Sue ginn un e gudden Zweck gespent.

Am nächste „Fuuss" wäerte mir sécherlech nach méi Informatiounen zu dëser flotter Aktioun matdeelen.



## Start an déi nei Saison

De Méindeg, den 21. September 2026, starte mir an déi nei Saison.

**Mir bidde follgend Coursen un:**

Méindes owes

18:30 – 19:30 Auer: Soft-Gym / Gymnastique douce

19:30 – 20:30 Auer: Classic Ladies Workout, ënnert der Leedung vum Agata Klimek

20:30 – 21:30 Auer: Training fir d'Männer mam Fränz Rischette

Fir all déi, déi nach méi motivéiert sinn, bidde mir och donneschdes owes e weideren zousätzleche Cours un: den Ëmmer Fit Next Level.

Wien elo virwëtzeg ginn ass a sech och gär fit hale wëll, ka ganz gären emol méindes owes laanscht luusse kommen. Den éischte Schnuppercours ass gratis!

Mir freeën eis op Iech a verbleiwe mat léiwen a sportleche Gréiss

*De Comité vum Turnveräin Ëmmer Fit Waldbëlleg*






ËMMER FIT
2026/2027
Ab dem
21. September 2026
Méindes Owes zu Waldbëlleg
an der Sportshal
18:30 - 19:30
Soft-Gym for Ladies
19:30 - 20:30
Classic Ladies Workout
20:30 - 21:30
Men Workout
DONNESCHDES:
ËMMER FIT mixed
NEXT LEVEL
SAISONS-ABO:
150 €
STUDENTEN:
100 €
SUPPLÉMENT
NEXT LEVEL:
+75 €
LOSCHT MATZEMAACHEN?
MELL DECH BEI EIS!
emmer.fit@gmail.com
691 47 86 48
1. SCHNUPPERCOURS
GRATIS!
ËMMER FIT WALDBËLLEG –
ZESUMME FIT BLEIWEN!





# D'WALDBËLLEGER MUSEK



Virun der Summervakanz war bei der Waldbëlleger Musek nach eng Kéier richteg vill lass. Têscht Concerten, offiziellen Optrëtter, awer och méi gemittleche Momenter, stoung nach esou munches um Programm.

De 26. Mee ware mir bei der Sprangpressessioun zu Iechternach dobäi, wou mir zesumme mat der Miedernacher an der Fielser Musek dësen traditionelle Rendez-vous musikalesch begleet hunn.

Nëmmen e puer Deeg méi spéit, de 6. Juni, huet d'Waldbëlleger Musek hiert éischt Summerfest am Schoulhaff zu Waldbëlleg organiséiert. De ganzen Dag iwwer gouf et e flotte musikalesche Programm an och fir Iessen an Drénke war beschtens gesuergt. Den Optakt huet d'Bech-Berbuerger Musek gemaach, duerno war de Miedernacher Jugendensembel an d'Fanfare Hielem-Luerenzweiler un der Rei, an d'Fielser Musek huet den Dag ofgeschloss.

Och um Virowend vum Nationalfeierdag ware mir mat dobäi. Den Te Deum war dëst Joer zu Chrëschtnech. Well et gutt waarm war, war de Cortège fir an d'Kierch ausgefall. D'Feierlechkeete sinn an der Sportshal weidergaangen, wou d'Veräiner aus der Gemeng nees geéiert a Medailen iwwerreecht goufen.

Enn Juni hu mir eis dunn eng kleng Paus vum Alldag gegënnt an hunn en Ausfluch vun zwee Deeg op Stroossbuerg gemaach. An dat ausgerechent op engem vun de wäermste Weekender vun dësem Summer.

D'Ulrike Sauer hat een ofwiesslungsräiche Programm zesummegestallt, soudatt trotz der Hëtzt fir jiddereen eppes dobäi war. Villmools Merci Ulrike, fir deng Aarbecht an déi vill Zäit, déi s du dir dofir geholl hues.

Bei deenen héijen Temperature koum déi klimatiséiert Bootstour natierlech wéi geruff, esou konnte mir Stroossbuerg aus enger anerer Perspektiv entdecken.

Owes stoung ee Kachcours um Programm, bei deem mir eis Tarte Flambée selwer preparéiert an natierlech och geschmaacht hunn. Donieft hate mir och eng Degustatioun vu lokale Wäiner. Zum Ofschloss vum Dag hu mir den Owend nach gemittlech op enger Terrass bei engem Patt ausklénge gelooss.



No engem gudde Kaffi am Hotel ass et op de Bamwipfelpad zu Drachenbronn gaangen, wou mir d'Natur an d'Rou ronderëm genoss hunn. Fir erof konnt jidderee selwer entscheeden, ob en déi schéin Aussiicht méi laang genéisse wollt oder sech op d'Rutsch mam Teppech erof getraut huet.

Duerno war et schonn nees Zäit fir d'Mëttegiessen an engem Restaurant, deen net wäit vum Aussiichtstuerm ewech war.

Mir hunn nach e leschten Halt zu Longuich gemaach, wou mer op enger Terrass bei Kaffi a Kuch zesumme souzen. Gelaacht gouf op alle Fall genuch, an esou ass e flotte Weekend mat ville schéinen Erënnerungen op en Enn gaangen.

Vill Zäit fir sech auszerouen ass awer net bliwwen, well am Juli stoung d'Musekspillen nees am Mëttelpunkt.

Den 10. Juli hu mir zesumme mat der Miedernacher Musek um Cortège zu Suewelbuer am Kader vum Gedenke vum 2. Weltkrich deelgeholl.

Schonn den Dag drop hu mir ee Concert-Apero um Schoulfest gespillt, organiséiert vun der Elterevereene-gung. Besonnesch flott war, datt eis Nowuessmusikanten hiren éischten Optrëtt haten a mat eis zesummen e puer Stécker gespillt hunn.

Den 12. Juli ware mir nach zu Clierf an den 18. Juli zu Baërdref fir e Concert.

Ier et dunn an d'Summerpaus gaangen ass, hu mir eis den 21. Juli nach eng Kéier fir e Grillowend getraff an zesummen e puer gemittlech Stonne verbruecht.







# WICHTEG !!!

**Zënter dem Méindeg, 28. September prouft eise Jugendensembel all Woch um 19 Auer bis 19:45 Auer an eisem Musekssall.** Hues du Loscht op Musek a wëlls gär matspillen? Da komm einfach bei eis laanscht oder mell dech bei waldbellegmusek@gmail.com

Mir freeën eis op dech!

Mir sinn natierlech och ëmmer frou, wann nei Musikanten de Wee bei eis fannen. Wann s du en Instrument spills a Loscht hues matzemaachen, da komm och du roueg emol laanscht.

**Eis Prouwe sinn all Méindeg vun 20 Auer bis 21:45 Auer an eisem Musekssall.** Mir freeën eis!

## Hei sinn nach wichteg Datumer am Kader vun eisem 125 Joer Anniversaire.

**Save the dates 2027:**

**30.01.** Quizowend
**20.03.** Galaconcert
**17.04.** Völkerballtournoi
**22.05.** Mëllerdall in Concert
**02.10.** Concert vun der Militärmusek
**27.11.** Konveniat Musikanten







## Hommage un de Pol Mehlen

Den 8. Mee, krut d'Musek déi traureg Noriicht, dass eise laangjärege Musikant Pol Mehlen, säi Bass fir ëmmer niddergeluecht huet an dat nëmmen een Dag viru sengem 80. Gebuertsdag.

Zesummen als Waldbëlleger Musek hu mir dem Pol an enger Mass zu Iechternach du fir ëmmer Äddi gesot.

De Pol war net nëmmen e Musikant, deen iwwer 50 Joer an der Musek säi Bass gespillt huet, mee hien huet fir d'Musek gelieft. War mol déi eng oder aner Kéier keen Dirigent do, dann ass de Pol ëmmer agesprongen an huet eis den Takt uginn.

Ettlech Jore laang war hie Präsident, wou hien och dobäi war fir d'Feierlechkeete fir 100 Joer Waldbëlleger Musek mat ze organiséieren. Nodeems hien de Posten als President ofginn huet, war et ganz natierlech, datt mir hien zum Éierepresident gewielt hunn.

De Comité, d'Presidente souwéi och d'Musikante konnten ëmmer mat Froe bei de Pol kommen an hie wousst ëmmer eng Äntwert. No de Prouwen ass hien och nach déi eng oder aner Kéier gäre mat een drénken gaangen. Hie war fir all Blödsinn ze hunn an hat och ëmmer deen een oder anere Sproch oder Witz op Lager, mat him ass et einfach ni langweileg ginn.

Pol, deng Plaz am Musekssall mat dengem Bass ass nach ëmmer eidel.

MERCI fir däin Engagement an eiser Musek.

*Text a Fotoen: Tessy Feltgen*



Foto: Damaris

## KULTUR A GESCHICHT // *CULTURE ET HISTOIRE*

# UERGELFRËNN WALDBËLLEG



*Kannerchouer Fortissimo mat hirer Dirigentin Sylvie Serra*

Am Mee 2026 huet sech de Festival „30 Joer Uergelfrënn Waldbëlleg" fortgesat mat véier Concerten an der Waldbëlleger Kierch.

Den 10. Mee hu mir e ganz formidabele Concert mam Stefanie Duprel (Uergel) a Francis Lucas (Cembalo) erlieft. Dës ongewinnt Zesummesetzung vun Instrumenter, mam Cembalo ënnen an der Kierch, dee mat der Uergel um Duxall duettéiert huet, huet trotz der Distanz einwandfräi geklappt. De Programm huet eis queesch duerch Barockeuropa gefouert, mat Stécker aus Venedeg, Spuenien, Frankräich an Däitschland, jidderee mat sengem eegenen „nationalen" Uergelklank. Zum Schluss hu mir mam Eugène Gigout (1844-1925) sengem Grand Chœur dialogué héieren, dass och Romantesches op eiser Uergel iwwerzeege kann. Beim Cembalo-Duett als Zugab, op d'Weis vum Lëtzebuerger Vollekslidd „D'Margréitchen", konnt sech de Publikum net zeréckhalen, an huet begeeschtert matgesummt!

E Samsdeg, de 16. Mee krute mir Besuch vun engem bekannten Organist mat engem neie Chouer, an zwar de Marc Loewen, deen am Dezember 2021 zu Waldbëlleg de Konsdrëffer Jugendchouer dirigéiert huet. Dës Kéier ass hien als Organist opgetruede mam Meedercherschouer Fortissimo aus dem Stater Conservatoire ënnert der Leedung vum Sylvie Serra.

Si hunn e ganz variéierte Programm gespillt a gesongen, deen och immens gutt beim Publikum ukomm ass. Nieft Stécker vum Bach a vum Frescobaldi, déi zum Alldag vun eiser Uergel gehéieren, huet de Marc och Filmmusek vum Hans Zimmer an John Powell gespillt, an d'Meedercher hunn eng bont Mëschung vu Lidder gesongen, vum Mozart bis hin zum John Rutter.

E Sonndeg, de 17. Mee hunn d'Uergelfrënn Waldbëlleg en ale Kolleeg dierfe begréissen, an zwar hiren Uergelexpert de Paul Kayser, zesumme mam ukrainesche Braatschist Semjon Kalinowsky, an engem Recital vun (haaptsächlech) Barockstécker aus dem Hanseatesche Raum.

De Programm heescht „Spirit of Hanse" an ass deen zweete Programm, déi si zesumme geüübt an opgefouert hunn. Deen éischten, „Kirche trifft Synagoge" war den Owend virdrun zu Schieren ze héieren. En drëtte gemeinsame Programm ass an der Maach.

Bei dësem Concert ass fir d'alleréischt opgefall, wéi wonnerschéin de Klank vun der Braatsch zesumme bei d'Uergel passt, wéi wann d'Sträichinstrument eng weider, solistesch, Uergelpäif wier.

D'Komponiste vun de verschiddene Stécker haten alleguer en Zesummenhank mat de Stied vun der däitschen Hanse,



Marc Loewen



Michel Krier

sief et, dass si aus enger Hansestad gebierteg waren (z.B. de Buxtehude aus Lübeck), sief et, dass si an enger hanseatescher Nidderloossungsstad gewunnt hunn (z.B. den John Eccles zu London oder den Alessandro Marcello zu Venedeg).

D'Braatsch ass duerchaus en Instrument aus der Barockzäit, also waren déi meescht Stécker um Programm och fir d'Braatsch geschriwwe ginn. Eenzeg Ausnam war den Arrangement vum Marcello sengem bekannten Hautbois-Concerto a ré mineur, dee fir en Aha-Erliefnes bei deenen Nolauschterer gesuergt huet, déi net esou gutt mam Braatschrepertoire kënneg sinn.

De Publikum vun ëm déi 40 Leit hunn de Recital haart applaudéiert an d'Museker net ouni eng Zugab fortgoe gelooss.

E Sonndeg, den 31. Mee huet de Festival „30 Joer Uergelfrënn Waldbëlleg 1996-2026" mat engem Recital vum Michel Krier ofgeschloss. De Michel Krier (Jg. 1999) mécht säi Master zu Detmold an ass an engems als Kierchemuseker zu Marsberg am Sauerland ugestallt.

Säi Programm huet hien zesummegesat aus Wierker vu Meeschter aus der Barockzäit, mol besser bekannter wéi den Händel oder de Buxtehude, mol manner bekannter wéi de Matthias Weckmann oder de Francisco Correa de Arauxo.

All Kéiers huet hie gewosst, dat Bescht aus den 10 Regëster vun eiser klenger Uergel ervirzebréngen, sief et dat Zongeregëster Krummhorn 8' beim Sweelinck sengem „Ballo del Granduca" oder déi 2'-Regëster beim Weckmann sengem „Komme heiliger Geist".

Ofgeschloss huet hie mam bekanntlech schwéieren (fir d'Hänn a fir d'Féiss!) Präludium a Fuge D-dur BWV 532 Johann Sebastian Bach. Als Zugab krute mir de Grand Dialogue vum Louis Marchand ze héieren.

**Op dëser Plaz si fir de ganze Festival eng ganz Partie Mercien ze soen.**

- der Par Mëllerdall-Saint Michel, dass mir d'Kierch fir eis Concerten benotzen däerfen;
- der Gemeng Waldbëlleg, fir hir moralesch a finanziell Ënnerstëtzung, dorënner e Subside extraordinaire fir eise Festival;
- dem Damaris Pletschette fir all d'Fotoe vun de Concerten;
- dem Izo vu Waldbëlleg, dem Ben Weber vun Haler, an eisen Dammen aus dem Veräin dofir, dass bei all Patt fir Iessen a Gedrénks gesuergt ginn ass;
- dem Här Thomas Erz (Uergelbau Erz zu Wasserliesch (D)) fir d'Stëmmung vun der Uergel;
- dem Här René Heisten fir d'Audioopnam vum leschte Concert;
- dem Stephan Dienstbach aus Torgau (D), Fils vum Fritz Dienstbach, deen eis Uergel baue gelooss huet, dofir, dass hien a seng Fra de 16. a 17. Mee déi 7 Stonnen zeréckgeluecht hunn (an erëm 7 heem) fir bei eis ze sinn an eiser Uergel nozelauschteren.

*Text: Henry Wickens*
*Fotoen: Damaris Pletschette*

Fir an Ären Agenda:

**Samsdes, den 12. Dezember ëm 20 Auer,**
Chrëschtconcert mam Vokalensembel „Cantique"; Uergel: Roger Recht.



*Paul Kayser a Semjon Kalinowsky*




*Stephanie Duprel a Francis Lucas*

# ONS HEEMECHT AM KRICH 2026

## Interview mam President vu Quadriga Lëtzebuerg: Christian Wagener

Den Event „Ons Heemecht am Krich" vum Veräin Quadriga Lëtzebuerg huet wéi virun 2 Joer bei der 1ter Editioun, och dëst Joer nees vill Leit op Suewelbuer bruecht. Freides, den 10. Juli konnten d'Schoulklassen aus dem Cycle 4 déi verschidde Statioune kucke goen. Samschdes, den 11. war et op fir de Public.

2024 waren nëmmen e puer Fotoen an e kuerze Bericht am FUUSS. Dës Kéier hu mir d'Geleeënheet ergraff mam President vun der Quadriga, dem Christian Wagener vun Haler ze schwätzen: iwwer de Veräin, seng Motivatioun an dat, wat hannert engem Event iwwer de Krich steet, och iwwer déi kritesch Froen, déi sou en Theema ëmmer opwerft.







**Kanns du dech a Quadriga Lëtzebuerg kuerz virstellen? Wéini a firwat gouf de Veräin gegrënnt?**

*„D'Quadriga ass 1984 gegrënnt ginn als ASBL fir Sammler vun historesche Militärgefierer. De Club gouf souzesoe gegrënnt fir d'Alliéiertegefierer virun der Schrottplaz ze retten. An de Joren nom zweete Weltkrich si vill Jeepe verschrott ginn an d'Quadriga huet probéiert dëst e Stéck wäit ze verhënneren an déi Gefierer op der Strooss ze halen. Nom Motto « Keep them rolling » lieft de Veräin bis haut.*

*Ugangs sinn nëmmen Alliéiertegefierer ugeholl ginn, mëttlerweil sinn awer och däitsch Gefierer toleréiert, mee et däerfe keng Wehrmachtsplacken oder Hakekräizer drop ze gesi sinn!",* betount de Chrëscht.

*„Ech sinn 2005 bäigetrueden a sinn zanter 2014 President, wou de fréiere President altersbedéngt opgehalen huet."*

Wéi de Chrëscht de Veräin iwwerholl huet, ware vill Memberen altersbedéngt net méi derbäi, et ware praktesch just nach 10-12 Leit, déi wierklech aktiv waren. Och Frae waren déi Zäit nach rar geséint, well d'Meenung verbreet war, dass d'Frae jo keng Zaldote waren am Krich, an deemno och keng Jeepe sollte fueren. D'Esther, dem Chrëscht seng Fra, huet sech dovunner awer net beandrocke gelooss an zesummen hunn déi zwee de Club nees un d'Rulle bruecht an och no an no Fraen an déi méi jonk Generatiounen ugezunn. Esou datt de Veräin haut nees eng 80 Memberen zielt, wouvunner ronn d'Hallschent aktiv Membere sinn.

Och den traditionellen Ardennen Tuer, dee si all Joer maachen, verbanne si mëttlerweil mat engem gemittlechen Openthalt am Wellnesshotel, amplaz an Zelter iergendwou am Bësch.

Si maachen och all Joer beim Rotary mat, wou behënnert Kanner mat der Jeep kënne matfueren. *„De Kanner hir Ae liichten ze gesinn, ass einfach dat Schéinst! Fir eis ass et en Hobby, fir si ass et en eemolegt Erliefnis."* Ma och wann déi Freed ze gesinn onbezuelbar ass, ass et och fir si ëmmer méi schwéier Fräiwëlleger ze fannen déi sech op engem Weekend d'Zäit huele fir op esou Eventer matzefueren, bedauert d'Koppel. Dat Soziaalt geet och an hirem Veräin e bësse verluer mat der Zäit.





**Wat sinn d'Ziler vum Veräin bei gréisseren Eventer wéi « Ons Heemecht am Krich »?**

*„D'Zil vum Veräin ass et an éischter Linn d'Geschicht ze liewen an déi Zäit vun deemools ni ze vergiessen. Als klenge Bouf hunn ech de Message scho mat op de Wee kritt, deene Leit dankbar ze sinn, déi am Krich hiert Liewe verluer hunn a fir eis Fräiheet gekämpft hunn.*

*Mir spillen net Krich oder Zaldot, mir halen d'Geschicht um Liewen,"* betount de President vun der Quadriga.

*„Virun allem de Kanner an deene Jonken wëlle mir, esoulaang wéi mir nach kënnen, Zivilcourage vermëttelen. Egal wou a wéini Ongerechtegkeete geschéien, soll een ëmmer de Courage hu seng Wäerter ze verteidegen. Dat steet fir eis am Engagement mat de jonke Generatiounen am Vierdergrond, well een dacks net méi fir seng Iddien a seng Wäerter asteet, an a Konflikter sech net méi traut seng Meenung ze soen oder engem an Nout ze hëllefen, oft aus Angscht selwer an Nout ze geroden."*

**Wat ass deng perséinlech Roll, a wat huet dech zu dësem Engagement bruecht?**

*„Wéi gesot sinn ech elo zanter 12 Joer President. Meng Eltere sinn d'Krichsgeneratioun, ech hunn also souzesoen als klenge Bouf dat alles scho mat op de Wee kritt. Menger Mamm hire Brudder ass ni aus dem Krich zeréckkomm a gëtt bis haut vermësst. De Fakt, dass een net kann op säi Graf goen, dass ee guer net weess wat mat him geschitt ass, ass dat Schlëmmst fir d'Famill.*

*D'Theema vum 2. Weltkrich war op all Familljeniesse present",* erënnert sech de Chrëscht.

*„Als Kand hunn ech mech nach net esou derfir interesséiert, hunn et awer ëmmer scho matkritt. Spéider dunn, wéi mäi Monni verstuerwen ass, hunn ech op eemol festgestallt, dass ech hien esou vill hätt kéinte froen iwwer déi Zäit",* bedauert de Chrëscht.

Mee et war genau déi Angscht virum Vergiessen, déi hien dozou bruecht huet sech am Club z'engagéieren a virum allem och doriwwer eraus Eventer z'organiséiere fir Schoulklassen an de Public. Et ass einfach enorm wichteg deene jonke Generatiounen d'Erfarungen an dat schwéiert Liewe vun deemools am Krich méi nozebréngen. *„Et war erstaunlech matzekréien, wéi déi Jonk dem RTL-Reporter*









*gezielt hunn, dass si et awer haut immens gutt hunn an et fréier keng schéin Zäit war. De Geschichtscours esou ze erliewen ass fir d'Kanner eppes Besonneschs, wann et si och deelweis villäicht schockéiert."*

Jiddefalls hu si nëmme positive Feedback vun de Kanner an dem Léierpersonal kritt. Esou si si och scho gefrot ginn, wéini déi nächst Editioun stattfënnt.

**Wat krut ee bei „Ons Heemecht am Krich" ze gesinn?**

*„Bei Eventer wéi dëse kréien d'Leit eng ganz authentesch Siicht op d'Zäit am Krich. Mir haten eng Kichen, eng sougenannte „field kitchen", eng Infirmerie an e "field hospital" mat Poppen déi Verletzungen haten, engem Quartermaster (eng Persoun déi eppes ewéi e Buttek huet, wou den Zaldot alles kritt huet, wat e gebraucht huet), historesch Gefierer wéi d'Jeepen an d'Panzer, Bunkerjongen, zivil Leit am Krich an awer och enger Grupp vu Leit vu Lux Reenactment déi mat de richtegen Uniformen Szenen aus dem Krich nogestallt hunn.*

*D'Quadriga huet zwar wuel d'Event organiséiert, ma ouni déi vill Benevollen déi hëllefen, de Privatsammler aus der Gemeng, ewéi den Tom Sutor (Quartermaster) an den Erny Wagner (Atelier um Kelleschhaff) wier esou eppes onméiglech op d'Been ze stellen. Den Erny huet um Kelleschhaff d'Geschicht vu senger Famill erzielt, wou d'Preisen am Keller souzen an d'Amerikaner den Haff beschoss hunn."*

***Bei Eventer déi ronderëm de Krich dréinen, ginn d'Meenunge séier an déi verschiddenst Richtungen: Wou gesäis du den Ënnerscheed tëscht Erënnerung, a Verherrlechung? A wéi reagéiert dir, wann ee problematesch Ideologië vertrëtt oder rietsextrem Iddien huet?***

*„Een dee mech kennt, weess dass et fir mech nëmme schwaarz oder wäiss gëtt. Mir hate bis elo nach keen, deen déi falsch Wäerter vertrueden huet. Wann emol ee géif komme mat rietsextremen Iddien, géife mir deen direkt zur Ried stellen a fortschécken.*

*Verherrlechung ass fir mech wann ee seet de Krich war gutt an een dat selwer erliewe wëll. Eis geet et eleng ëm d'Erënnerung an d'Vermëttele vun Zivilcourage an de Wäerter déi eis Gesellschaft ausmaachen. Do ass keng Plaz fir Rietsextremismus oder Krichsverherrlechung. Mir weisen de Leit, op esou Eventer wéi zu Suewelbuer, authentesch Szenen aus dem Liewen am Krich.*

*Villäicht sollte mir nees e Stéck wäit méi stolz drop sinn Lëtzebuerger ze sinn, schliisslech ware mir dat eenzegt Land wat sech aktiv gewiert huet mat Däitschland an de Krich ze goen. Mir sinn dat eenzegt Land wat gestreikt huet, a mat deenen desastréise Konsequenzen dovunner gelieft huet."*

**Wéi eng Botschaft sollen d'Leit vum Event mat Heem huelen?**

*„Fräiheet ass net selbstverständlech. Wa mer vergiesse wat wor, a wa mer net zesumme géint Rietsextremismus ukämpfen, da si mer um Enn. Mäi Papp huet ni vill geschwat, mee zwee Messagë wäert ech ni vergiessen ; 1. Eis geet et wéi de Réimer, iergendwann esou gutt, dass mer eis selwer futti maachen. 2. Bouf, de Russ kënnt nach eng Kéier zeréck. Gleef mir, dat ass kee Gudden..."* Zwee Sätz déi haut ganz treffend sinn an eis zum Nodenke sollte beweegen.

*Text a Froen: Yolande Kirsch*
*Fotoen: Famill Wagener-Wagner (wann net anescht uginn)*

# 200. GEBUERTSDAG VUM MICHEL RODANGE - D'Gemeng Waldbëlleg bréngt eng Jubiläumseditioun vum Reenert eraus




Den 3. Januar 1827 gouf den Nationaldichter Michel Rodange zu Waldbëlleg gebuer.

D'Gemeng Waldbëlleg éiert hie fir säin 200. Gebuertsdag mat enger neier Editioun vu sengem Haaptwierk, dem Reenert oder de Fuuss am Frack an a Maansgréisst. Dëst ass déi 36. Editioun vum bekannte Lëtzebuerger Nationalepos.

D'Editions Saint-Paul an de Frantz Kinnen haten 1972 eng éischte Kéier de Reenert a Biller erausbruecht. D'Gemeng Waldbëlleg, an Zesummenaarbecht mat de Frënn vun der 9. Konscht, presentéieren eng modern Editioun vum Reenert a Biller, an enger Jubiläumsausgab. Déi 14 Gesäng vum Reenert ginn a 14 Titelbiller a véier weideren Zeechnunge pro Gesang duergestallt. Domadder gëtt d'Haapthandlung aus dem Reenert gewisen.

Ma am Reenert ass vill méi dran, woufir et derwäert ass sech mat ëm ze beschäftegen. Allerdéngs sinn d'Versen net einfach fir ze liesen, an d'Sprooch ass och net déi vun haut. Ma wann een sech dem Romain Hilgert seng kulturhistoresch Erklärungen (Editions Binsfeld, 2020) an d'Versioun vum Reenert vum Educatiounsministère vun 2022, mat de Wuerterklärungen vum Dr. Sam Mersch vum Zentrum fir d'Lëtzebuerger Sprooch, derbäihëlt, dann huet een alles wat ee brauch, fir dem Reenert all seng Geheimnisser ze entlackelen. Wann een de Schlëssel fir d'Lektür bis huet, ass de Reenert och nach haut een déifgrënnegt Meeschterwierk am Lëtzebuergeschen. An d'Léieren an d'Moral vun der Geschicht sinn hautzedaags nach grad esou aktuell wéi deemools, wéi de Reenert erauskoum.

Dës Editioun baséiert um Originaltext vun 1872, ëmgesat an d'Orthografie vun 2019. Dofir ass et „Reenert" an net „Renert" oder „Rénert" (an der Orthografie vum Michel Lentz, déi och warscheinlech vum Michel Rodange iwwerholl gi war).

Liest de Reenert an entdeckt een zerguttstert Stéck aus der Lëtzebuerger Literaturklassik.

D'Buch ass am DIN A4 Format, ëm déi 285 Säite mat Hardcover, a wäert ufanks 2027 op der Gemeng Waldbëlleg an an alle Librairien am Land ze kafe sinn. Eng streng limitéiert Sammlereditioun kënnt am Laf vum Joer 2027 no. Weider Detailer zum neie Reenert kommen Enn des Joers no.

*Text: Jean-Luc Schleich*
*Illustratioun: @Marco Weiten (Frënn vun der 9. Konscht)*



*Foto: Damaris*

# LIEWEN AN DER GEMENG // *VIE RURALE*

# INSEKTELÉIERPAD



De Schäfferot huet mam Ëmweltminister Serge Wilmes den 8. Juni 2026 den neien Insekteléierpad ageweit.

Dee geet um Parking bei der Schoul fort, ass 5 Kilometer laang, an informéiert iwwert d'Biotopen an der Gemeng an natierlech speziell iwwert déi sechsbeeneg Bewunner.

*Fotoen: Anne Lommel, wann net anescht uginn*







*Foto: Damaris*








Foto: Damaris




Foto: Damaris







# ALLERLEE AUS ONSER SCHÉINER GEMENG

Enn Juli 2026

Iwwer de Summer wann de Beruffsverkéier méi lues leeft, kann een duerch ons Gemeng gemittlech fueren, zu Fouss tréppelen, oder mam Vëlo fueren: da falen engem munch Saachen an d'A, di ee soss gären iwwersäit.

Sou hunn ech z. B. zu Chrëstnech onst fréiert Härenhaus gesinn, dat zënter e puer Joer eidel steet. Ass dat net komesch, wann da gesot gëtt, mir hätten am Land eng Wunnengsnout, wann da gesot gëtt mir hätten an der Gemeng fir vill Saache keng Sue méi? Eigentlech wär jo eng Locatioun hei méiglech an et géifen e puer Su an déi arem kommunal Keess kommen.

En anert Beispill, fir datt e puer Su an déi kommunal Keess kommen, wär wann am Mëllerdall wou iwwert déi Summerméint dausende vun Touriste lafen a parken, do mol e Konzept erschafft géif ginn an dann, wéi iwwerall, de Parking payant gemaach géif ginn. Sécher geet dat net vun haut op muer, awer wann zënter Joren am Mëllerdall am Summer einfach Chaos ass, da muss ee sech dach Gedanke maachen. Als fréiere Buergermeeschter hunn ech versicht esou Iddien un déi Responsabel ze bréngen, hunn e Fachmann erugezunn deen d'lescht Joer e Konzept fir de Mëllerdall mat dem Camping an dem Hotel a groussen Zich virgestallt huet; de Mann waart nach haut op eng Äntwert.

Wann een esou duerch ons Gemeng fiert, da kënnt een och laanscht de Chantier vum Ausbau vun der Gemeng: zënter Méint gesäit dee Chantier immens chaotesch, knaschteg, an duercherneen aus. Déi Betriber déi do schaffen, schéngen dat ouni déi geréngste Kontroll ze maachen; eigentlech misst dach do bei de wéchentleche Chantiersreuniounen dee Punkt ernimmt ginn: oder sinn do keng esou Versammlungen?

Mir sinn awer dofir eng Gemeng, déi sech ëm d'Biodiversitéit këmmert an e Beiepad an en Insektepad matfinanzéiert. Den Ënnerhalt vun der Affaire fält natierlech op d'Gemeng zréck an d'Gemengenaarbechter mussen dann eben och dat matmaachen. Si musse schonn oppassen dat si z.B. am Rond-point zu Chrëstnech de Wildwuchs net méien, datt si beim Futtballsterrain d'Gras ganz laang stoe loossen.

Jo, ons Gemeng huet duerch dee grousse Chantier vum Ofwaasser (op deen ech hei net weider wëll agoen) mat gréissere finanziellen Ausgaben ze dinn; dofir wär et jo eigentlech ëm sou dringend fir no Weeër ze sichen och emol e puer Suen ze verdéngen. Dat ass natierlech net sou einfach fir eng Gemeng an oft muss een och am Virfeld investéiere fir dann herno dat Villfacht erëmzekréien.

D'Iddie sinn do, schued, datt sou laang iwwerluecht gëtt. Well mir mussen als Gemeng ons beweegen: mir sinn attraktiv, mir hunn aktiv Veräiner, mir hunn Awunner déi gäre matmaachen. Eigentlech froen ech mech wisou net einfach och de Gemengebuet opgemaach gëtt, fir datt eben all ons Matbierger hir konkret Iddie kënnen duerstellen.

De Gemengepolitiker kann net all Steen aus der Gemeng kennen; all Awunner kennt awer eng Partie vun de Steng. Da soll den Awunner och däerfe matschwätzen, virschloen, chiffréieren. Dat ass Demokratie gelieft, an dat hu mir an der haiteger Zäit déck néideg.

*Gérard Bender*
*Éierebuergermeeschter*
*Fotoen: Damaris*

***Umierkung vun der Redaktioun vum FUUSS:***
*Mir si frou, dësen Artikel aus der Fieder vun engem Bierger aus der Gemeng ze kréien. Mir heeschen all konstruktive Bäitrag wëllkomm, iwwer Sujete vun allgemengem Intressi an onser Gemeng.*

# APERO-WANDERTOUR IWWERT DEN NEIE GEO-PAD „INSEKTEWELTEN“

Den 12. Juli huet d’Beweegungskommissioun zesumme mam Club des Jeunes Chrëschtnech op eng Apéro-Wandertour iwwert den neie Geo-Pad „Insektewelten“ invitéiert.

Gestart gouf moies am Clubsall zu Chrëschtnech, wou d’Participante bei Kaffi a Mëtsche gemittlech an den Dag starte konnten. Duerno goung et zesummen op de ronn 6 km laange Wandertour.

De Wee iwwert de Geo-Pad ass ganz gutt ausgeschëldert a féiert duerch eng flott Landschaft. Leider waren zum Zäitpunkt vun eiser Wanderung nach net all d’Panneaue mat den Informatiounen iwwer déi verschidden Insekten opgeriicht. Dat huet der gudder Stëmmung awer keen Ofbroch gedoen. Ënnerwee goufen et vill flott Gespréicher an e gemittlecht Zesummesinn an der Grupp.

No der Wanderung goung et zeréck bei de Clubsall, wou d’Beweegungskommissioun all Participant op ee Gedrénks invitéiert huet. Bei guddem Wieder konnte mir zesummen op der Terrass den Apero genéissen. De Club des Jeunes huet duerno fir d’Grille gesuergt, sou datt mir den Dag a geselleger Ronn ausklénge loosse konnten.

D’Beweegungskommissioun seet e grousse Merci un all d’Participanten, déi mat dobäi waren, an natierlech och dem Club des Jeunes fir déi flott Zesummenaarbecht.

Mir freeën eis schonn op déi nächst Aktivitéiten! Notéiert Iech elo schonn de 27. Dezember, wou owes eisen traditionellen Adventsfënster-Tour stattfënnt.

Och fir d’Fréijoer 2027 ass schonn eppes geplangt, e Vëlostour duerch eis Gemeng. Méi Informatioune kommen no!

*Text a Fotoen: Liz Henx*









# MUSEK A BICHER BRÉNGEN D'LEIT ZESUMMEN

**En Interview mam Henry a mat der Jane Wickens;
Si si säit Joren am Waldbëlleger Kulturliewen aktiv.**

1990 sinn d'Jane an den Henry Wickens op Waldbëlleg geplënnert, nodeems den Henry en Job beim Europaparlament um Kierchbierg kritt huet. Si hunn déi Zäit no engem Haus gesicht, dat si sech leeschte konnten, wat schonn deemools éischter zu Waldbëlleg wéi an oder no bei der Stad méiglech war.

Ganz am Ufank war den Henry Iwwersetzer am Aussenministère an England, an d'Jane war Comptabel. Déi zwee haten sech zu Oxford kenne geléiert, wou si alle béid op der Uni waren. Dem Henry säi Beruff war d'schrëftlech Iwwersetzung (Englesch, Franséisch, Däitsch, Hollännesch).

Wat hinnen hei gefält, ass virun allem d'Duerf- an d'Veräinsliewen, an d'Trëppelen an der schéiner Natur.

Fir si war et net all ze schwéier, sech an der Gemeng Waldbëlleg anzeliewen.

Doduerch datt si Däitsch konnten, war et kee Probleem, sech mat den Duerfleit ze verstännegen. An hir Léift zur Musek an zum Gesang huet di éischt Schrëtt an déi nei Géigend méi liicht gemaach.

Si sinn allen 2 an de Gesang, déi Zäit nach d'Chorale Ste Cécile Waldbillig, gaang. Fir den Henry war et doduerch méi einfach ginn, Lëtzebuergesch ze léieren. Hien huet an den 1990er Joren mam Waldbëlleger Gesang Theater gespillt (e.a. D'Jongesellekëscht vum Alain Atten, wou hien en Hollänner gespillt huet!)

D'Jane war gréisstendeels bei de Kanner doheem (3 Bouwen, gebuer 1987, 1990, 1993). Déi dräi Jonge sinn alleguer zu Waldbëlleg an d'Primärschoul gaang a schwätzen doduerch fléissend Lëtzebuergesch.

Den Henry an d'Jane si scho laang an der Waldbëlleger Musek; den Henry säit 1991 (hie spillt Klarinett/Bassklarinett), an d'Jane säit 2005 (si spillt Cor). Den Henry hat och d'Waldbëlleger Jugendmusek (2000-2012) matgegrënnt an dirigéiert. Hien ass immens frou, datt de Veräin elo rëm e Versuch mécht, eng Jugendmusek op d'Been ze bréngen.

Mee si sinn och soss nach aktiv: Den Henry ass President an d'Jane am Kommittee bei den Uergelfrënn Waldbëlleg. Dëse Veräin, deen dëst Joer säin 30-järegt Bestoe feiert, huet et fäerdeg bruecht, 2015 an der frësch restauréierter Waldbëlleger Kierch eng Päifenuergel z'installéieren. An där wonnerschéiner Kierch si säitdeem vill interessant Uergelconcerte gespillt ginn, mat villen nationalen an internationale Museker.

D'Jane war och Tresorière an der Waldbëlleger Musek. Säit 1995 ass si am Chouer vun der Anglican Church. Si ass och Tresorière vum Bookstand um Bazar International.

Da war den Henry nach am Mëllerdaller Männerchouer, an allen zwee sangen se am Ambitus zu Iechternach.

D'Jane an den Henry si vill am Asaz mam Kierchechouer.

2003 ass d'Chorale Ste Cécile Waldbillig a Sang Mat Waldbëlleg-Haller ëmbenannt ginn, a lo säit kuerzem ass et d'Chorale Ste Cécile Beaufort-Haller-Waldbillig. Lo







sangen si an 2 Poren, dat heescht 2 Massen am Mount zu Beefort an 1 zu Waldbëlleg, nieft de Begriefnisser an Hochzäiten. Den Henry spillt d'Uergel zu Waldbëlleg an och heiansdo zu Beefort.

### Vum Engleschen an d'Lëtzebuergescht

Well hie senge Kanner vill viergeliest huet, ass dem Henry d'Iddi komm, e puer englesch Klassiker op Lëtzebuergesch z'iwwersetzen. De Winni-Pu (2000 an 2001), D'Haus um Pu-Eck (2000), Den Hobbit (2002, an 2023 eng nei, verbessert, Ausgab) an D'Alice am Wonnerland (2015), sinn all beim Verlag Op der Lay erauskomm an a Bichergeschäfter sou wéi a ville Bibliothéiken ze fannen.

Den Henry an d'Jane sinn déi beschte Beispiller, dass Musizéieren, Sangen a Geschichten erzielen d'Mënschen erfëllt a verbënnt.

*Text: Isabelle Oberlé*
*Fotoen: Georges Koster, Tom Wickens*







*Fotos: Damaris*







# KLIMAPAKT AN NATURPAKT //
# *PACTE CLIMAT ET PACTE NATURE*



*Foto: Damaris*

NACHHALTIGKEIT macht SCHULE

## Klima-Wissen in unserer Grundschule – Mitmachen, staunen, verstehen

Die Kinder des Cycle 3.2 und 4.1 der Grundschule Waldbillig sind echte Umweltschützer. Sie waren in den Monaten September und Oktober 2025 aktiv bei der Sache: mit Spielen, Experimenten und einem Klima-Quiz, das nicht nur die Kinder, sondern auch ihre Eltern forderte.

Mit Begeisterung tauchten die Schüler in die Welt des $CO_2$ ein, erforschten den Treibhauseffekt und entdeckten, wie viel Klimaschutz schon im Alltag steckt – vom richtigen Umgang mit dem Thermostat bis zum Ausschalten von Standby-Geräten.

Das Besondere: Auch die Eltern durften mitmachen – und beim Quiz ihr eigenes Wissen rund ums Klima auf die Probe stellen.

Das Ergebnis? Strahlende Kinder, die als engagierte Nachhaltigkeitsforscher nach Hause gehen – und ein Projekt, das zeigt, wie spannend Umweltbildung sein kann, wenn sie zum Mitdenken und Mitmachen einlädt.

### Didaktik: Der Weg - spielerisch, praktisch, alltagsnah

Wie beeinflusst unser Alltag das Klima? Und was können wir selbst tun?

Mit Experimenten, Mitmachaufgaben und einer Exkursion zur Heizzentrale nähern sich die Kinder im Cycle 3.2 und 4.1 spielerisch den komplexen Themen des Klimawandels.

Die Module des Projektes „Nachhaltigkeit macht Schule“ sind im Stundenplan der Klassen integriert und vermitteln zentrale Umwelt- und Energiethemen altersgerecht und praxisnah. Im Mittelpunkt steht dabei nicht nur die Wissensvermittlung, sondern vor allem die Frage: Wie können wir selbst zum Klimaschutz beitragen?

Ein Highlight: Die Kinder entwickeln eigene Ideen für mehr Nachhaltigkeit – und nehmen ihre Familien mit ins Boot. Ein interaktives Klima-Quiz für Kinder und Eltern vertieft das Wissen und bringt neue Impulse auch in den Familienalltag. Quiz und Elterninformationen sind mehrsprachig verfügbar.

Die sechs aufeinander abgestimmten Module
im Überblick:

Modul 1: Einstieg & Treibhauseffekt
Modul 2: Energiequellen entdecken
Modul 3: Richtig heizen & lüften
Modul 4: Strom clever nutzen
Modul 5: Wasser & Papier als wertvolle Ressourcen
Modul 6: Großes Abschlussquiz & Zertifikate

### WIN-WIN – gemeinsam für mehr Klimaschutz

- Hinter der Sensibilisierungskampagne stehen engagierte Gemeinden – unterstützt von ihrem Klimateam und externen Klimaberater.
- Mit dem Projekt „Nachhaltigkeit macht Schule“ gestalten Gemeinden aktiv ihre Zukunft – und fördern nachhaltiges Denken schon bei den Jüngsten.
- Die Initiative „Nachhaltigkeit macht Schule“ ist ein wichtiges Element im Klimaschutz der Gemeinden und wird bei der Bewertung des Klimapaktes berücksichtigt.

*Filipe Soares*
*Quelle : energieagence Lëtzebuerg*
*www.energieagence.lu*

# Le climat à l'école fondamentale : découvrir, comprendre et agir ensemble

Les élèves du Cycle 3.2 et 4.1 de l'école primaire de Waldbillig sont de véritables écologistes ! Au cours des mois de septembre et d'octobre 2025, ils se sont pleinement investis dans le projet grâce à des jeux, des expériences et un quiz sur le climat, tout en approfondissant en classe le thème du changement climatique et de la protection de l'environnement. Ils sont maintenant parfaitement informés sur l'effet de serre et le rôle du $CO_2$. Le lien entre le réglage du thermostat et son impact sur l'environnement est également devenu clair pour les élèves.

Les enfants ont compris comment de petits changements dans la vie quotidienne peuvent avoir un impact significatif sur le climat, que ce soit en économisant l'eau ou en éteignant systématiquement les appareils en veille.

Leur engagement en faveur de la protection de l'environnement est inspirant et montre que chacun peut agir pour protéger notre environnement. Une dimension particulière du projet : les parents ont également été invités à participer et à tester leurs connaissances sur le climat.

## Le chemin : apprendre le climat par le jeu et l'expérience.

Comment notre mode de vie influence-t-il le climat ? Et que pouvons-nous faire nous-mêmes pour le protéger ?

Grâce à des expériences, des activités interactives et une excursion à la centrale de chauffage, les enfants se familiarisent de manière ludique avec les mécanismes complexes du changement climatique.

Les modules du projet « La durabilité fait école » sont intégrés à l'emploi du temps des classes et permettent d'aborder les thèmes de l'environnement et de l'énergie de manière adaptée à l'âge des enfants et proche de la pratique.

Un point fort du projet : les enfants développent leurs propres idées pour un avenir plus durable

Les enfants sont encouragés à développer leurs propres idées en faveur du développement durable et à sensibiliser également leurs familles à travers les connaissances acquises en classe.

De plus, un quiz climatique interactif destiné aux enfants et à leurs parents permet d'approfondir les connaissances acquises et d'apporter de nouvelles pistes de réflexion dans la vie quotidienne familiale. Le quiz et les informations destinées aux parents sont disponibles en plusieurs langues.

Le projet comprend six modules coordonnés :

- Module 1 : Introduction à la durabilité et à l'effet de serre
- Module 2 : Découvrir les sources d'énergie
- Module 3 : Chauffer et aérer correctement
- Module 4 : Utiliser l'électricité de manière responsable
- Module 5 : L'eau et le papier, des ressources précieuses
- Module 6 : Grand quiz final et remise des certificats

## WIN-WIN - Ensemble pour davantage de protection du climat

Les forces motrices de la campagne de sensibilisation ont été l'équipe climatique de la commune, ainsi que son conseiller climatique externe.

À travers le projet « La durabilité fait école », les communes investissent activement dans leur avenir en encourageant une pensée durable dès le plus jeune âge.

L'initiative «La durabilité fait école» est un élément important de la politique de protection du climat des communes et sera prise en compte lors de l'évaluation du Pacte Climat.

*Filipe Soares*
*Source : energieagence Lëtzebuerg*
*www.energieagence.lu*

# NACHHALTIGKEIT macht SCHULE



| | |
|---|---|
| **Auftraggeber** | Gemeinde Waldbillig |
| **Name der Schule** | Ecole fondamentale Waldbillig<br>5, a Kilker<br>L- 7680 Waldbillig |
| **Jahrgang - Cycle** | 3.2 und 4.1 |
| **Zeitraum I Module 1-6** | September-Oktober 2025 |
| **Datum Auffrischung** | März 2026 |

## STATISTIK ZUM PROJEKT



## 1. ELTERN-FEEDBACK ZU UNTERRICHT & INHALTE







**Eltern fanden positiv / negativ / Verbesserung / Erweiterung:**

-zuhause wurden Fragen über eigene Heizung gefragt
-Kinder haben morgens freiwillig gelüftet
-Licht wurde ausgeschaltet
-Stand-By wurden richtig ausgeschaltet



## 2. LEHRER-FEEDBACK ZU UNTERRICHT & INHALTE




1. Wie beurteilen Sie ... *

| | sehr gut | gut | ok | schlecht | sehr schlecht |
|---|---|---|---|---|---|
| das Projekt als Gesamtes | | 1 | | | |
| den Bezug zum Wissensstand der Klassen in den einzelnen Umweltthemen | | | 1 | | |
| die durchgeführten Übungen und Experimente | | 1 | | | |
| die Kompetenz des/der Referenten/in | | 1 | | | |
| die rhetorische Qualität des/der Referenten/in | | | 1 | | |
| den Nutzen der SchülerInnen und Schüler durch die Teilnahme am Projekt | | 1 | | | |
| Die Eltern-Infos | | | 1 | | |
| Den Eltern-Kinder-QUIZ | | | 1 | | |

## 2. LEHRER-FEEDBACK ZU UNTERRICHT & INHALTE

2. Was fanden Sie gut an dem Pojekt?

Ihre Antwort eingeben

-die Grundidee ist sehr gut

3. Was würden Sie an dem Projekt verbessern? Haben Sie Anregungen oder Ergänzungen?

Ihre Antwort eingeben

-Theorieanteil reduzieren, Kinder mehr mit einbeziehen, inklusivere Formulierungen

4. Würden Sie unser Projekt weiterempfehlen? *

★ ★ ★ ★ ★

energieagence / Agence de l'Energie S.A. I 60A, rue d´Ivoix I L-1817 Luxembourg

## 3. SCHÜLER-FEEDBACK ZUM PROJEKT

NACHHALTIGKEIT macht SCHULE

**Wie hat dir der Kurs gefallen?**

| | sehr gut | gut | ok | schlecht | sehr schlecht |
|---|---|---|---|---|---|
| **So hat mir das Projekt gefallen:** | 23 | 9 | 5 | ☐ | ☐ |

**Besonders Spaß gemacht hat mir:**

Experimente, Wasser und Strom, Lineal mit Thermometer

**Darauf will ich in Zukunft mehr achten:**

Licht ausschalten, Wasser nicht verschwenden

**Vielen Dank für deine Rückmeldung!**

energieagence / Agence de l'Energie S.A. I 60A, rue d´Ivoix I L-1817 Luxembourg

## 3. SCHÜLER-FEEDBACK ZUM PROJEKT








energieagence / Agence de l'Energie S.A. I 60A, rue d'Ivoix I L-1817 Luxembourg

## 3. SCHÜLER-FEEDBACK ZUM PROJEKT





NACHHALTIGKEIT macht SCHULE

Wie hat dir der Kurs gefallen?

| | sehr gut | gut | ok |
|---|---|---|---|
| So hat mir das Projekt gefallen: | ☐ | ☒ | ☐ |

Besonders Spaß gemacht hat mir:

Als wir die Heizung in der Schule besucht haben.

Darauf will ich in Zukunft mehr achten:

Ich achte drauf immer die Lampen aus machen.

Vielen Dank für deine Rückmeldung!

energieagence / Agence de l'Energie S.A. I 60A, rue d'Ivoix I L-1817 Luxembourg

## 4. THERMOGRAFIE-AUFNAHMEN









energieagence / Agence de l'Energie S.A. I 60A, rue d'Ivoix I L-1817 Luxembourg

# DE MËLLERDALLTRAIL

Mullerthal Trail in Luxemburg zum fünften Mal als europäischer Qualitätswanderweg „Leading Quality Trail – Best of Europe“ ausgezeichnet

Im Rahmen des Caravan Salons in Düsseldorf wurde der Mullerthal Trail bereits zum fünften (!) Mal in Folge mit dem Label „Leading Quality Trails – Best of Europe“ ausgezeichnet.

Mit dem Prädikat „Leading Quality Trails – Best of Europe“ zeichnet die Europäische Wandervereinigung Wanderwege aus, die ganz bestimme Qualitätsstandards erfüllen. Hinter dem Label verbergen sich Kriterien, die die Bedürfnisse der Wanderer einbeziehen, die Attraktivität von Wanderwegen greifbar machen und dadurch einen hohen Standard garantieren.

Für die Zertifizierung spielt dabei unter anderem eine Rolle, dass die Wege durchgehend markiert sind sowie eine naturnahe und abwechslungsreiche Wegführung in einer attraktiven Landschaft bieten. Positiv sind zudem kulturelle Sehenswürdigkeiten entlang des Weges, Rastmöglichkeiten sowie die Anbindung an den öffentlichen Personennahverkehr, der in ganz Luxemburg übrigens kostenlos ist. Diese sind nur einige von vielen Kriterien, die im Zertifizierungsprozess überprüft werden.

Der Mullerthal Trail verläuft auf 112 km insgesamt und ist auf drei großen Routen (36 km, 38 km, 38 km) und fünf ExtraTouren (22, 13, 9, 31.5 und 25 km) angelegt. Er bietet dem Wanderer abwechslungsreichen Naturgenuss sowie eine außergewöhnliche Felsenlandschaft.




Le Mullerthal Trail à nouveau labellisé comme sentier de randonnée de qualité européen « Leading Quality Trail - Best of Europe »

Dans le cadre du Caravan Salon à Düsseldorf, le Mullerthal Trail a reçu pour la cinquième fois consécutive le label « Leading Quality Trails - Best of Europe ».

Le label « Leading Quality Trails - Best of Europe » est décerné par la Fédération Européenne de la Randonnée Pédestre aux sentiers de randonnée qui répondent à des normes de qualité bien précises. Derrière ce label se cachent des critères qui respectent les besoins des randonneurs, rendent l’attractivité des chemins de randonnée plus tangible et garantissent un standard de qualité élevé.

Pour être certifiés, les sentiers doivent notamment être balisés en continu et offrir un tracé naturel et varié dans un beau paysage. D’autres points positifs sont les curiosités culturelles le long du chemin, les possibilités de repos et les transports publics qui d’ailleurs sont gratuits au Luxembourg. Ce ne sont que quelques-uns des nombreux critères qui sont vérifiés lors du processus de certification.

Le Mullerthal Trail a une longueur totale de 112 kilomètres et se répartit sur trois Routes (36 km, 38 km, 38 km) et cinq ExtraTours (22, 13, 9, 31.5 et 25 km.). Il offre aux randonneurs des plaisirs naturels variés ainsi qu’un paysage rocheux exceptionnel.

**Office Régional du Tourisme Région Mullerthal - Petite Suisse Luxembourgeoise**
B.P. 152
L-6402 Echternach
Telefon (+352) 72 04 57 – 1
***info@mullerthal.lu***
***www.mullerthal.lu www.mullerthal-trail.lu***



Foto: Damaris

# WAT ASS LASS AN DER GEMENG? //

## *QUE FAIRE DANS LA COMMUNE ?*

# AGENDA

**Freides, den 23. Oktober** ass e klengt Oktoberfest an der Buvette vum Fussballsterrain, organiséiert vum FC Olympia Chrëschtnech-Waldbëlleg: ***www.fcolympia.lu***

**Samschdes, de 24. Oktober** ass e Wëldiessen an der Cafeteria vun der Sportshal, organiséiert vum FC Olympia Chrëschtnech-Waldbëlleg: ***www.fcolympia.lu***

**Freides, den 20. November** ass e Kéisowend mat Beaujolais am Veräinsbau zu Chrëschtnech, organiséiert vum FC Olympia Chrëschtnech-Waldbëlleg: ***www.fcolympia.lu***

**Dënschdes, de 17. November** gëtt et vu 14 bis 17 Auer Kiermeskuch bei Jonk an Al um Kärespäicher.

De Chrëschtmaart op de Millen ass **freides, de 4. Dezember, vu 17 bis 22 Auer, samschdes, de 5. Dezember, vun 12 bis 22 Auer a sonndes, de 6. Dezember, vun 11 bis 18 Auer.**

**Samschdes, den 12. Dezember** invitéiert Jonk an Al op hir Chrëschtfeier vu 14:30 bis 18 Auer an d'Cafeteria vun der Sportshal zu Waldbëlleg.

**Samschdes, den 12. Dezember ëm 20 Auer**, ass e Chrëschtconcert mam Vokalensembel Cantique an der Kierch zu Waldbëlleg. Un der Uergel: Roger Recht. Organiséiert vun den Uergelfrënn.

**Sonndes, den 3 Januar 2027**, um 200. Gebuertsdag vum Michel Rodange, ass um 16 Auer an der Gemeng zu Waldbëlleg d'Virstellung vum neien illustréierte Reenert.

**De Weekend vum 23. a 24. Januar 2027** organiséiert den FC Olympia Chrëschtnech-Waldbëlleg den NOVUS-Wantertournoi fir d'Jugend: ***www.fcolympia.lu***

**Samschdes, den 30. Januar 2027** invitéiert d'Waldbëlleger Musek op e Quizowend.

**Sonndes, den 31. Januar 2027** invitéiert Jonk an Al **vun 11:30 bis 18 Auer** op hiert traditionnellt Choucroute-Iessen an der Sportshal zu Waldbëlleg.

**Samschdes, den 20. Mäerz 2027** invitéiert d'Waldbëlleger Musek op hire Galaconcert.



## GEMENGEROT

D'Sëtzunge vum Gemengerot sinn elo erëm am Hentgesbau zu Waldbëlleg. Fir ze wëssen, ob déi Datumer effektiv esou kënnen agehale ginn, kuckt am digitale Raider op ***https://waldbillig.lu*** ënner Quotidien. Do steet och den Ordre du jour.
Virgesinn sinn de **27. Oktober ëm 19 Auer** an de **15. Dezember moies ëm 9 Auer**.

Méi Terminer goufen nach net festgeluecht.

## BICHERBUS

De Bicherbus steet u follgenden Deeg **donneschdes vun 10:55 bis 11:25 Auer** zu Chrëschtnech beim Fussballsterrain: **22. Oktober, 12. November, 3. Dezember, 7. Januar, 28. Januar, 18. Februar.**

DE FUUSS
als PDF online!

## RESTAURANTEN A CAFÉEN

**La Bottega-Gudde Kascht** vum Ben Weber a senger Fra Alexandra Pancher ass vun dënschdes bis sonndes op. Bei hinne fannt dir vill Produiten aus der Regioun, esou wéi dem Ben Weber seng eege Kreatiounen. Dir kënnt och sur place eppes drénken a schneeken.

Vu mëttwochs bis samschdes kënnt dir e Plat du jour op Haler iesse goen.
Méi Informatioune fannt dir op: ***www.guddekascht.lu***

Der **Brasserie Heringer Millen** hir Ëffnungszäiten an hir Kaart fannt Dir op hirem Site ***www.heringermillen.lu***.

Aktuell ass dënschdes a mëttwochs zou.

E-Mail: ***moien@heringermillen.lu*** Tel: (+352) 26 95 95 99

Dem **Hotel Le Cigalon** hir Ëffnungszäite si vu mëttwochs bis sonndes. Si sinn op bis Mëtt November an duerno si si zou bis Enn Februar-Mäerz.

E-Mail: ***cigalon@pt.lu***
Internet: ***www.lecigalon.lu***
Tel: +352 79 94 95

De **Café Dina** zu Waldbëlleg ass vu samschdes bis mëttwochs op. Et gi Snacken, Pizzaen a méi op Bestellung.
Tel: 621 31 83 69.

De Restaurant **Petite Suisse Country Club** um Chrëschtnecher Golf ass de Moment sonndes owes a méindes de ganzen Dag zou.

All d'Informatiounen an d'Kaart fannt dir hei:
***petitesuissecountryclub.lu/restaurant***

Adress: Petite Suisse Country Club, 46, am Lahr, L-7641 Chrëschtnech. Tel: 87 83 83 333


*Foto: Damaris*

WALDBËLLEG
COMMUNE DE WALDBILLIG